Mercredi, 30 avril 2008

SÉANCE 37

Présidence: M. Lucien Weiler, Président
Mme Colette Flesch, Vice-Président

Sommaire

1. 5761 - Projet de loi portant création d'une École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive

- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Fernand Diederich*
- *Discussion générale: Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, M. Claude Meisch, M. Jos Scheuer, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

2. 5687 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 76/207/CEE du Conseil relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation et à la promotion professionnelles, et les conditions de travail telle que modifiée par la directive 2002/73/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 septembre 2002;

2. modification du Code du travail;

3. modification de l'alinéa 1 de l'article 2 de la loi du 14 mars 1988 relative au congé d'accueil;

4. modification de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. modification de la loi du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées

- *Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Ali Kaes*

3. 5795 - Projet de loi modifiant

I) la loi modifiée du 27 janvier 1972 fixant le régime des employés de l'État;

II) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

III) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

IV) la loi du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

V) la loi modifiée du 19 mai 2003 modifiant 1) la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État; 2) la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; 3) la loi modifiée du 28 mars 1986 portant harmonisation des conditions et modalités d'avancement dans les différentes carrières des administrations et services de l'État; 4) la loi modifiée du 26 mai 1954 réglant les pensions des fonctionnaires de l'État; 5) la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois; 6) la loi modifiée du 27 mars 1986 fixant les conditions et les modalités selon lesquelles le fonctionnaire de l'État peut se faire changer d'administration; et portant création d'un commissariat du Gouvernement chargé de l'instruction disciplinaire;

VI) la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

VII) la loi du 7 novembre 2007 modifiant a) la loi modifiée du 22 juin 1963 portant fixation de la valeur numérique des traitements des fonctionnaires de l'État ainsi que des modalités de mise en vigueur de la loi du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; b) la loi du 22 décembre 2006 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

- *Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications: M. Paul-Henri Meyers*
- *Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Jean-Pierre Klein, M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

4. Projet de loi 5687 (suite)

- *Discussion générale: M. Marcel Glesener, M. Fernand Etgen, M. Marc Spautz, M. Jacques-Yves Henckes, Mme Viviane Loschetter, M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi, Mme Anne Brasseur, M. le Ministre François Biltgen, M. Jacques-Yves Henckes*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. François Biltgen et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 9.00 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir fänken haut de Moien u mat der Diskussioun vum Projet de loi 5761 iwwert d'Pédagogie inclusive. Den Här Diederich ass Rapporteur vun dësem Projet de loi. Et sinn ageschriwwen: d'Madame Gantenbein, den Här Meisch, den Här Scheuer, den Här Adam, den Här Mehlen an den Här Berger. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Diederich, fir de Rapport vun dësem Projet ze maachen.

1. 5761 - Projet de loi portant création d'une École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

M. Fernand Diederich *(LSAP), rapporteur.*- Merci, Här President. Madame Minister, Här Minister, dëse Projet de loi ass de 24. August 2007 duerch d'Ministesch vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle déposéiert ginn. Den 8. Oktober 2007 huet eng Entrevue vun der Kommissioun mat de Vertrieder vum Projet „Eis Schoul" iwwert d'pedagogescht Konzept an d'Organisatioun vun der Schoul stattfonnt.

D'Initiativ, fir eng Primärschoul vun der Forschung ze schafen, déi op der inklusiver Pedagogik baséiert, geet op d'Aktioun vum GLEN zréck, dem Groupe Luxembourgeois d'Éducation Nouvelle. D'parlamentaresch Kommissioun huet den 12. Mäerz mat enger Rei Amendementer op den Avis vum Conseil d'État reagéiert. Den Avis complémentaire vum Statsrot datéiert op den 22. Abrëll, an de Rapport gouf an der Kommissioun den 28. Abrëll ugeholl.

Déi nei Schoul mécht hir Diere bei der Rentrée 2008/09 am Hierscht an der Rue des Maraîchers um Kierchbierg als Ganzdagsschoul op an hëlt Kanner vun der Éducation précoce bis zum 6. Schouljoer op. Eng Commission mixte décidéiert iwwert d'Admissioun vun de Schüler. An dëser Kommissioun sinn zwee Vertrieder aus dem Comité d'école, een Delegéierte vum Minister an de Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg oder säin Delegéierten. D'Prioritéit hunn déi Schüler, déi am Schoulressort respektiv um Territoire vun der Gemeng Lëtzebuerg wunnen.

Den Objektiv vun der Schoul besteet doranner, d'Heterogenitéit vun de Schüler besser ze géréieren an all Kanner ze integréieren, trotz hiren Differenzen a Schwieregkeeten, andeem der Verschiddenheet vun hire Besoinen a Léierrhythme Rechnung gedroe gëtt.

Fir dëst Zil ze erreechen, baséiert „Eis Schoul" op zwee Pilieren: der Pédagogie inclusive an der Recherche. D'pedagogescht Konzept kann een a folgende Punkte resüméieren: D'Schoul muss dofir suergen, datt se eng heterogen Schülercommunautéit ophëlt, déi representativ ass fir d'Schoulbevölkerung vum Land. Op d'mannst 10% vun de Kanner si Kanner à besoins éducatifs spéciaux, also mat Handicap. All d'Schüler sollen aktiv un allen Aspekter vum Liewen an der Schoul deelhuelen, onofhängeg vun hire Besonderheeten um soziokulturellen, physeschen, kognitiven, sozioaffektiven a psychomotoresche Plang.

Zu dësem Zweck kritt d'Schoul déi mënschlech a finanziell Ressourcen, fir de psychopedagogeschen Encadrement vun alle Schüler ze garantéieren. D'Schüler si vu méindes bis freides vun aacht Auer bis hallwer véier obligatoresch present. En Accueil ass vu siwen Auer un assuréiert, e Petitdéjeuner ass do abegraff. Vun hallwer véier bis hallwer siwe gi Fräizäitaktivitéite proposéiert. D'Schoulorganisatioun begräift Unterrechtssequenzen, individuell Aarbecht a Gruppenaarbecht, Plagë fir sech auszerouen an en Encadrement, deen aus zousätzlechen Aktivitéiten um sportlechen, kreativen, manuellen a spillerescher Plang besteet.

D'Mëttegiesse gëtt zesummen an der Schoul ageholl. D'Bedeelegung un den zousätzlechen Aktivitéiten ass fakultativ. Am Ganze kann d'Prise en charge nëmmen 11,5 Stonnen am Dag maximal bedroen. Fir d'Iessen an déi komplementar Aktivitéite ka vun den Elteren eng finanziell Participatioun verlaangt ginn.

D'Schüler ginn an dräi Altersgruppe vu jee 36 Schüler opgedeelt, sougenannt Groupes multi-âges vun dräi bis fënnef Joer, vu sechs bis aacht Joer a vun néng bis eelef Joer. De psychopedagogeschen Encadrement gëtt vun enger multiprofessioneller Equipe assuréiert. Eng grouss Bedeitung gëtt der Abezéiung vun den Eltere bäigemooss.

D'Schoul preparéiert op den Enseignement secondaire an de secondaire technique. Mat zwielef Joer ginn d'Schüler hire Capacitéiten a Kompetenzen no orientéiert.

D'Schoul gesäit an der sproochlecher a kultureller Verschiddenaartegkeet net nëmmen eng Schwieregkeet, mä och eng Chance, fir wichteg Erfahrungen ze maachen. Niewent der däitscher an der franséischer Sprooch spillt d'Lëtzebuerger Sprooch déi wichtegst Roll an der kultureller Integratioun. Fir auslännesch Schüler soll awer kee Broch mat hirer Mammesprooch stattfannen. D'Mammesprooch ass net nëmme wichteg, fir eng zweet Sprooch ze léieren, mä si erlaabt et och, Wëssen ze deelen a soll am Kader vun der Alphabetiséierung valoriséiert ginn.

Den Unterrecht gëtt am Kader vun eenzelnen Entwécklungsdomäner ugebueden. Dozou gehéieren:

1) d'Sproochen - Däitsch, Franséisch, Lëtzebuergesch - an och en Éveil aux langues;

2) Mathematik;

3) d'Sciencen, an och hei en Éveil aux sciences, Geschicht a Geographie;

4) den Domän Kierper a Gesondheet, Psychomotorik a Motricitéit, Expression corporelle, Sport a Gesondheet;

5) den Domän Konscht mat engem Éveil esthétique a Musek;

6) d'Zesummeliewen a Wäerter, Erzéiung zu den demokratesche Wäerter an zu demokratesche Bierger, d'Éducation morale et sociale oder d'Instruction religieuse et morale.

D'Schoul däerf och aner Schoulbicher benotze wéi déi, déi offiziell vun der Kommissioun virgeschloe sinn. Fir all Schüler gëtt et e Portfolio. Dee besteet aus engem Dossier, wou de Léierparcours vum Schüler festgehale gëtt souwéi Dokumenter vu sengen Aarbechte gesammelt ginn. An engem Journal de bord kommentéiert de Schüler säi Schoulparcours a säi perséinleche Formatiounsprojet. Mindestens zweemol d'Joer gëtt vun der multiprofessioneller Equipe e Bilan opgestallt, an deem folgend Elementer festgehale ginn:

1) d'Leeschtunge vum Schüler während enger bestëmmter Period,

2) e Rapport iwwert d'Fortschrëtter beim Apprentissage,

3) eng Begutachtung vun den Aarbechten aus dem Dossier,

4) eng Ofschlossaarbecht um Enn vum Primärunterrecht, esou eng Aart Meeschtersteck.

All Kéier wann ee Bilan opgestallt gëtt, gëtt de Portfolio den Elteren an de Schüler presentéiert. All Schülergrupp steet ënnert der Verantwortung vun engem Sous-groupe vun der Equipe. D'Memberen aus dësem Grupp concertéiere sech, wat d'Fortschrëtter vun de Schüler ubelaangt souwéi iwwert d'Moossnamen, déi ze ergräife sinn. Ausserdeem koordinéiere se thematesch Projeten.

D'Tâche vun der Equipe begräift den Unterrecht an den Encadrement vum Schüler, d'Concertatioun innerhalb vun der Equipe, d'Preparatiounsaarbechten an d'Evaluatioun, Hëllef fir Memberen aus der Equipe beim Optriede vu Schwieregkeete mat de Schüler, Rechercheaarbechten, de Kontakt mat den Elteren, d'Deelhuelen un de Versammlunge vum Personal, d'Participatioun un Aktivitéite vun der Formation continue, d'Ausaarbechtung vun den Avis d'orientation souwéi Verwaltungsaarbechten.

De Kader vum Schoulpersonal ka folgend Leit begräifen:

1) Schoulmeeschteren a Léierinnen aus dem Préscolaire an dem Primaire,

2) Pedagogen,

3) Psychologen,

4) Heilpädagogen,

5) Orthophonisten,

6) Psychorééducateuren,

7) Ergotherapeuten,

8) Assistants sociaux an Assistantes sociales,

9) Éducateurs gradués

10) an Éducateurs diplômés.

Niewent de Fonctionnairen a Stagiairë kann d'Schoul och no de Besoins de service op Chargés de cours, op Employéen aus den techneschen administrative Carrièren an op Aarbechter zréckgräifen, sief et mat enger voller Tâche oder enger Deeltâche, an à durée déterminée oder indéterminée.

Et gëtt ee Schoulcomité agesat, deen déi dagdeeglech Gestioun vun der Schoul assuréiert. Hie besteet aus véier Memberen, vun deenen der wéinstens dräi aus der multiprofessioneller Equipe sinn. Si gi fir fënnef Joer gewielt an hiert Mandat ass renouvelabel.

De Schoulcomité bezeechent aus hirer Mëtt e President oder eng Presidentin, deen d'Entscheedunge vum Schoulcomité ausféiert a fir de gudde Fonctionnement vun der Schoul suergt. De President, respektiv d'Presidentin, vertrëtt d'Schoulcommunautéit vis-à-vis vun Drëttpersounen.

De Comité huet als Missioun, d'Aarbechte vun der multiprofessioneller Equipe ze koordinéieren, eng Propositioun fir d'Organisatioun vun der Schoul auszeschaffen an d'Zuel vun de Postë festzeleeën, déi noutwendeg sinn. Si géréiert de Budget, organiséiert d'Fuerschungsaarbechten, koordinéiert d'Stonnepläng, géréiert didaktescht Material a sammelt d'Donnéeën iwwert d'Schüler. En assuréiert de Kontakt mat dem Ministère a mat der Gemeng, preparéiert e jährlechen Aktivitéitsrapport a planifiéiert d'Formation continue.

Am Artikel 19 gëtt d'Regierung autoriséiert, dat noutwendegt Personal anzestellen. De Minister setzt dofir eng Rekrutementskommissioun an, déi aus dräi Membere vum Comité d'école, engem Vertrieder vum Ministère de l'Éducation nationale an engem Vertrieder vun der Universitéit besteet. D'Kommissioun examinéiert d'Kandidaturen a proposéiert Kandidaten oder Kandidatinnen, déi vum Minister oder der Ministesch nominéiert ginn. D'Relatiounen tëschent dem Stat an der Gemeng ginn duerch eng Konventioun geregelt.

Am Hibléck op den Démarrage vun der Schoul fir d'Rentrée 2008 gëlle folgend Iwwerganksbestëmmungen: D'Vertrieder vum Comité d'école fir d'Commission mixte, déi fir d'Admissioun vun de Schüler zoustänneg ass, ginn duerch d'Ministesch bestëmmt. D'Ministesch engagéiert an nominéiert dat néidegt Personal, andeem se zu de Bestëmmunge vum Artikel 19 dérogéiert.

D'Zesummenaarbecht tëschent der Schoul an der Universitéit concernéiert d'Entwécklung vun der Qualitéit vum Unterrecht, d'Recherche iwwert d'Schoul, déi dauernd berufflech Weiderbildung vun den Enseignanten, d'Veröffentlechung vun de Fuerschungsresultater an déi nohalteg Entwécklung vun der Schoul.

D'Modalitéite vun dëser Zesummenaarbecht ginn an enger Konventioun tëschent dem Minister an der Universitéit festgehalen.

Et gëtt ee wëssenschaftleche Rot agesat, deen zesummegesat ass aus zwee Membere vum Comité d'école, zwee Membere vum Personnel enseignant oder vum Personnel scientifique, esou wéi aus engem Vertrieder vum Ministère. D'Membere gi fir dräi Joer bestëmmt. De Rot assuréiert d'Koordinatioun vun de Projeten an de Fuerschungs- an Entwécklungsberichter. Dës Projeten a Rapporte ginn enger Externanalys vun enger universitärer Institutioun ënnerzunn.

Fir d'Zesummenaarbecht tëschent deenen eenzelne Partner ze verbesseren an e schoulescht Ëmfeld vu géigesäitegem Respekt ze schafen, schaffen d'Schoulpersonal, d'Schüler an d'Eltere Verhalensregelen aus, déi op de Rechter a Flichte vun hire Membere baséieren. Dës Regele ginn an enger Charte scolaire festgehalen.

Här President, Madame Minister, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer dëse Projet de loi haut stëmmen, ass ee wichtege Schratt gemaach, fir d'École de recherche am Hierscht kënnen opzemaachen. Et gëllt elo eng Selektioun bei dem Personal a bei de Schüler ze maachen. Vill Umeldunge leie vir; den Interessi ass grouss. Ze hoffen ass, datt d'Aarbechten un de Gebailechkeete bis dohin ofgeschloss sinn. Ech wënsche jiddefalls der neier Schoul vill Succès, bréngen den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. D'Madame Gantenbein ass als Riednerin fir d'CSV agedroen. Madame Gantenbein, wann ech gelift.

Discussion générale

Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Här Minister, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, Merci dem Rapporteur, dem Här Fernand Diederich, fir säin ausféierleche schréftlechen a mëndleche Rapport.

Mat dem Projet 5761, dee mer haut stëmmen, wann deen och fir sech schwätzt a seng Eegestännegkeet huet, esou huet en dach vu senger Philosophie hier an och vu senge pedagogeschen Usätz hier besonnesch mam Gesetz 5760, mam Enseignement fondamental ze dinn.

Esougutt d'Madame Hennicot wéi och d'Madame Brasseur hu versicht eppes am Enseignement ze bewegen. Mä Reforme brauchen en Temps de gestation a si brauchen och e Räifungsprozess. Dat trëfft ganz besonnesch mengen ech fir den Enseignement zou. Datt eisen Enseignement reformëiert muss ginn, dat bestreit jo haut kee méi. Well e steet zënter 2000 an 2003 am Kräizfeier vun der Kritik, well Pisa 1 a Pisa 2 eis de Spigel virun d'Ae gehalen huet. Spéitstens dunn hu mer gesinn, datt eppes misst geschéien.

D'Reform vum Gesetz vun 1912 huet ausgedéngt, net well et schlecht ass, mä well et einfach net méi adaptéiert ass. D'Gesellschaft huet sech fundamental geännert. Si ass net méi homogen, si ass heterogen. Mä och d'Schoulkand huet sech geännert. Ech géif souguer soen, et hätt eng Verlagerung vun de Sënner vum Kand stattfonnt.

D'Kand vun der éischter Halschent vum 20. Jorhonnert war e Kand wat gelauschtert huet, wat memoriséiert huet a wat gemaach huet, wat ee vun em verlaangt huet. An d'Kand vum 21. Jorhonnert ass e Kand wat kuckt; déi nei Technologien hunn dat mat sech bruecht. An et ass och e Kand, dat aktiv wëllt sinn. Net passiv.

Mä da bleift déi grouss Fro: Wat ännere mer a wéi ännere mer?

D'Chance, mengen ech, fir de Lëtzebuerger Enseignement ass, dass de Grupp - de GLEN - d'Initiativ ergraff huet - d'Membere vum GLEN si jo lauter Insider vum Enseignement. Si hunn dee schwelende Malaise opgeholl, hunn eng Denkaarbecht gemaach an hunn e Projet entwéckelt. Dorauser ass dëst Gesetz elo entstanen.

Mat der Schafung vun enger staatlecher Fuerschungsschoul, baséierend op der inklusiver Pedagogik, betriede mer hei zu Lëtzebuerg absolut Neiland. Am europäeschen Ausland an an Amerika ginn et där Schoulen an heeschen dann Neue Schule, Alternative Schule oder Laborschule; wat eis Schoul jo och ass.

Här President, Inklusivpedagogik ass am Ufank vun den 90er Joren entstanen. Op der internationaler Konferenz vun der Unesco 1990 an Thailand, déi ënnert dem Motto stoung „Eine Schule für alle", gouf fir d'éischt dat Wuert „inclusion" amplaz vun „integration" gebraucht. Dat heescht, Kanner mat an ouni Handicap, Kanner mat an ouni Léierstéierungen a Léierschwieregkeete ginn zesummen ënnerriicht, net aussortéiert.

Op der Unesco-Konferenz 1994 zu Salamanca gouf d'Inklusioun zum wichtegsten Zil vun der internationaler Bildungspolitik erkläert. Dat heescht, all Kand huet e fundamentaalt Recht op Bildung. D'Schoule sollen all Kanner ophuelen, onofhängeg vun hire physeschen, intellektuellen, sozialen, emotionalen a sproochleche Fäegkeeten, an d'Schoul soll Kanner aus frieme Kulturen a vu benoodeelegte Randgruppen ophuelen.

Inklusivpedagogik heescht awer och dem eenzelne Kand seng Interessen notzen, dem eenzelne Kand seng Besoinen identifizéieren, seng Talenter entdecken a förderen, seng Fäegkeeten développéieren, seng Schwächten ausbigelen a seng Defizitter behiewen. Gemäß dem Motto „Wer Stärken stärkt, schwächt Schwächen." - seet d'Joëlle Huser, eng Schwäizer Erzéiungswëssenschaftlerin. An aus dem Prinzip vun der inklusiver Pedagogik huet sech de Projet pilote „Eis Schoul" entwéckelt.

Här President, ech brauch an ech wëll och net widderhuelen, wat de Rapporteur gesot huet, mä ech versichen awer e wéineg erauszeschielen, wat dës Schoul vun der traditioneller Schoul ënnerscheet. Ech weess, datt op ville Plazen an eisem Land punktuell versicht gëtt vun engagéiertem Léierpersonal, nei Weeër ze beschreiden. Et ass mer awer wichteg, dass mer e wéineg kucken: Wat trennt dann déi traditionell Schoul vun deem heite Konzept vun „Eis Schoul"?

An der traditioneller Schoul huet d'Kand sech dem Schoulsystem missen upassen. Am Projet pilote mat der inklusiver Pedagogik ass et ëmgedréint, do passt d'Schoul sech dem Kand un.

Déi traditionell Schoul ass ganz vertikal strukturéiert. Baulech schonn. D'Klasse sinn uneneegereit, an an de Klassen ass den Enseignant en Eenzelkämpfer. Am Projet pilote „Eis Schoul" ass d'Schoul horizontal strukturéiert. Dat hu mer gesinn am Reportage op der Télee d'lescht Woch. D'Wänn ginn duerchbrach fir Kommunikatioun, Kollaboratioun an Echange méiglech ze maachen. Eng Équipe multiprofessionnelle dréit d'Verantwortung. Den Enseignant ass net eleng.

D'Kanner ginn dem Alter no a Klassen agedeelt a sinn dem Alter no zesummen an der traditioneller Schoul. Am Projet pilote gëtt et dräi Gruppen, déi altersënnerschiddlech sinn. Dat huet eng Partie Avantagen. D'Kanner léieren déi eng vun deenen aneren, déi Grouss kënne Verantwortung iwwerhuele fir déi Kleng an déi Grouss kënnen deene Klengen hëllefen.

Deenen, déi elo monéieren a soen, déi dote Schoul, déi hate mer jo schonn an déi hu mer ofgeschaaft, wëll ech awer soen - well een och selwer derduerchgaangen ass -: Et ass fundamental anescht.

Am Schoulsystem, wéi d'Klassen zesumme waren, hunn déi gutt ebe gelauschtert, wann den Enseignant eppes erkläert huet. Hei ass et awer esou, dass och déi, déi Schwieregkeeten hunn, begleet ginn am Grupp a gehollef kréien, fir weiderzekommen.

D'Léiermethod am traditionellen Unterrecht ass jo de Frontalunterrecht. Et gëtt erkläert, et gëtt nogelauschtert, et muss verstane ginn, et muss verhale ginn an et muss fixéiert ginn. De Léierstoff ass ganz saucissonnéiert, an den Enseignement ass a 55 Unitéiten opgedeelt.

An der neier Schoul gëtt d'Wëssen projektan themenorientéiert erschafft duerch de Schüler, a begleet gëtt hie vun engem Enseignant. Räichhalteg didaktescht Material steet dem Kand zur Verfügung. Et ka schaffen an enger längerer Sequenz.

Am Sproochenunterrecht ass an dësem Projet effektiv déi nei Approche vun der Valorisatioun vun der Mammesprooch interessant. Et gëtt jo wëssenschaftlech Etüden, déi beleeën, dass e Kand, wat seng Mammesprooch net gutt beherrscht, och net fäeg ass, eng friem Sprooch gutt ze léieren. Doduerch, dass an der neier Schoul d'Méiglechkeet besteet, dass Externer erakommen, fir besonnesch bei de Kanner primo-arrivant méiglech ze maachen, dass d'Alphabetisatioun an hirer Mammesprooch ka geschéien, gëtt derfir gesuergt, dass d'Kand seng Mammesprooch gutt beherrscht.

Dësen Artikel huet jo a verschiddenen Avisë Kritik ervirgeruff, mä et ass eng Schoul, déi ee ganz frësch muss denken, wou mir, déi gewinnt sinn, an deem traditionelle Schoulsystem ze denken, och do musse verschidden Iwwerleeungen zréckstellen. Et muss een och den Deuil maachen e wéineg vun deem, wat ee gewinnt ass.

Ech géif awer denken, dass besonnesch d'Valorisatioun vun der Mammesprooch bei engem Kand d'Selbstwäertgefill ka steigeren, wat och dozou bäidréit ganz bestëmmt, datt et méi bereet ass Efforten ze maachen, fir méi Leeschtung ze bréngen.

Differenzéierten Unterrecht. De Bourdieu huet dat genannt: „Rompre l'indifférence aux différences." D'Zensuren, Dir Dammen an Dir Hären, si bis elo Selektioun gewiescht. Déi Gutt komme gutt ewech an déi, déi net esou gutt sinn, komme schlecht ewech. Et gëtt bewäert par rapport zu deenen aneren.

Am Portfolio dogéint gëtt dokumentéiert, wat d'Kand gemaach huet. Et gëtt gewürdegt fir seng Leeschtung. Et gëtt informéiert, an et ass en exzellent Mëttel an eng Form vu Kommunikatioun tëschent Kand, Équipe professionnelle an Elteren.

An dësem Projet de loi kritt d'Elterenaarbecht eng aner Qualitéit. Ech géif och soen, et gëtt héich Zäit. Déi traditionell Schoul huet keng Traditioun an och keng Kultur, fir mat den Elteren ëmzegoen. Wéini gi mer dann an d'Schoul? Wann et net geet, wa Konflikter bestinn.

An „Eiser Schoul" ginn d'Elteren abezunn. Si si present an alle Comitéen, hunn e Matsproocherecht, kënne matgestalten, eng Denkaarbecht maachen a bei der Organisatioun vu ville Manifestatioune matmaachen.

Wichteg och fir d'Kand ass d'Aarbecht um Schluss vum 6. Schouljoer. Dat muss ee sech virstellen: en interaktiivt Referat, e selbstgewieltent Thema, wourunner et bal e Joer laang schafft, virun engem multiprofessionellen Team opzetrieden, en face vun den Elteren, eng Ausstellung organiséieren. Et ass effektiv e Meeschterwierk, wat do vum Kand verlaangt gëtt.

Mä wann dat dote soll esou kënne geschéien, dass d'Kanner dat doten am 6. Schouljoer fäerdeg bréngen, da géif ech soen, dann huet de Projet pilote säin Zil erreecht. Well da steet d'Kand do selbstbewosst viru sech selwer, selbstbewosst virun der Schoul an och selbstbewosst viru sengen Elteren.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Schoul entwéckelt nei Léier- an Unterrechtsmethoden an Evaluatiounsformen an enker Kollaboratioun mat der Uni Lëtzebuerg. An do géif ech soen: Déi permanent Begleedung duerch Chercheuren, d'Evaluatioun duerch d'Uni Lëtzebuerg an duerno och duerch extern Universitéiten, déi Evaluatioun, vun där d'Resultater public gemaach ginn, an, wat ganz besonnesch wichteg ass, a Kontakt triede mat interesséiertem Léierpersonal - dat si wichteg Elementer vun dësem Projet. D'Diere vun där Schoul mussen opgemaach gi fir Enseignanten, déi fir sech fannen, datt et Zäit ass, fir aneschters Schoul ze halen.

Ech géif och soen, wann dat doten esou ka geschéien, dann entsteet eng Dynamik, déi herno net méi opzehalen ass an déi och den Enseignement fondamental wäert befruchten.

Et gëtt Kritikpunkten. Et gëtt gesot, et wier ze deier. Et gëtt gesot, et wier Chaos. Et gëtt gesot, et wieren ze vill Conseilen an ze vill Comitéen. Et gëtt souguer gesot, et wier eng Virwëztut, et wier e schéinen Emballage mat näischt dran.

An enger Dageszeitung hat en Auteur d'Geleeënheet dräi Deeg hannerenee senger Oppositioun zum Projet-pilote „Eis Schoul" Loft ze maachen. Dësen Text war mat „Wundertüte 1", „Wundertüte 2" an „Wundertüte 3" iwwerschriwwen.

Deier: D'Pédagogie inclusive, besonnesch, wat d'Inklusioun vun Handicapéierte Kanner bedeit, da géif ech soen, wa mer do manner Infrastrukture brauchen, wann dat Fachpersonal, wat do gebraucht gëtt, an den normalen Unterrecht kann integréiert ginn, dann ass et ganz bestëmmt net ze deier.

Ze vill Conseil an ze vill Comité, do muss een dem Projet Chance loosse fir unzefänken an Experienz ze sammelen.

Dir Dammen an Dir Hären, zum Schluss wollt ech Folgendes soen, fir zréckzekommen op dat vum Ufank: D'Schoul, wësse mer, ass am Ëmbroch. An de Sprenger, deen huet a sengem Buch „Der dressierte Bürger" geschriwwen: „Wer nicht sterben kann, kann auch nicht leben."

Ween net op seng Gewunnechten, seng Sécherheeten a säi Schutzwall, deen e sech selwer baut, ka verzichten, deen ass och net rezeptiv, géif ech soen, an och net fäeg fir Neierungen.

Ech géif awer och widderhuelen, wat den St. Exupéry gesot huet: «Il n'y a pas de solutions, mais il y a des forces en marche. Il faut les créer et les solutions suivent.»

Dat, géif ech soen, trëfft op eise Projet pilote „Eis Schoul" zou. Et gi keng einfach Léisungen. Et ginn der vill. Mä mam Projet pilote si Kräfte mobiliséiert a fräigesat ginn, oder wäerte Kräfte mobiliséiert a fräigesat ginn, déi hoffentlech mat wëssenschaftlecher Begleedung zu Léisungen an eisem Bildungssystem féieren.

Ech soen lech Merci fir Är Attentioun a ginn den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Madame Gantenbein. Den Här Claude Meisch huet d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grousse Merci un de Rapporteur fir säi schréftlechen a mëndleche Rapport, awer och u meng direkt Riednerin. De Rapporteur huet eis eigentlech gesot ëm wat et geet, wéi déi Schoul do soll fonctionnéieren, a meng Virriednerin huet eis nach emol méi am Detail gesot, firwat datt een op deen dote Wee soll goen. „Eis Schoul" heescht déi Schoul a se heescht gläichzäiteg och École de recherche fondée sur la pédagogie inclusive. Et geet also hei ëm zwou Saachen, zwee verschidden Aspekter, déi mer diskutéieren.

Éischtens ëm déi sougenannte Pédagogie inclusive, wou d'Ambitioun besteet fir all Kand ze akzeptéieren an net Kanner an eenzel Kategorien anzedeelen an dono an eenzel Schoulen, an eenzel Institutiounen ze ënnerdeelen. Kanner mat hire Stäerkten a mat hire Schwächten, mat hire Forcen a mat hiren Handicapen ze akzeptéieren an eng Plaz fir si an eiser Schoul ze schafen. Duerfir muss bei der Pédagogie inclusive vill méi staark differenzéiert ginn, duerfir muss och vill méi staark individualiséiert Unterrecht gehale ginn.

Den zweeten Aspekt ass dee vun der Fuerschungsschoul. Also eng Schoul, wou nei Léierforme kënnen applizéiert ginn, Léierforme kënne getest ginn, wou dann déi Erfahrungen, déi do gemaach ginn, kënne weidergi ginn un aner Schoulen aus dem Land, wou eng Zesummenaarbecht och duerfir jo hei mat an de Projet erageschriwwe ginn ass mat der Universitéit a wou ebe ganz besonnesch och bei deenen neie Léierformen, déi do sollen applizéiert ginn, erfuerscht gëtt, Erfahrunge gesammelt ginn, wou eben déi vun der Pédagogie inclusive ganz besonnesch am Vierdergrond solle stoen.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz drop zréckkommen, wat dann eigentlech aneschters ass an där doter Schoul wéi an deene Schoulen, déi mer uechter eis Gemengen doruechter kennen.

Nun, hei soll gekuckt ginn op där enger Säit, datt d'Schülerschaft e Spigelbild vun der Schoulpopulatioun queesch uechtert d'Land ass, datt se der sozialer Opdeelung gerecht gëtt, datt se der Opdeelung tëschent den eenzelnen Nationalitéite gerecht gëtt. Woubäi hei awer och direkt gesot gëtt, datt 10% vun de Schüler solle Schüler mat enger Behënnerung sinn, déi an dës Schoul eran integréiert solle ginn. Woubäi dat natierlech net deem übleche Bild an der Populatioun entsprécht, mä do ginn d'Ambitioune vun Integratioun also vill méi wäit, wéi mer dat doruechter kennen.

Et ass eng Ganzdagsschoul. Et ass eng Schoul, déi net a Joren, och net an Zyklen, wéi mer se kennen, sollen agefouert ginn, mä a Groupes multi-âges: vun dräi bis fënnef, vu sechs bis aacht a vun néng bis eelef.

Et ass och eng Schoul wou multidisziplinär Teame sollen zesummefannen a sech ëm d'Kanner solle këmmeren. Et ass och eng Schoul wou herno nach op méi eng aner Aart a Weis, wéi mer dat bis ewell am 6. Schouljoer kennen, soll eng Orientatioun gemaach ginn, fir ze kucke wou et dann op Septième soll weidergoen.

Et ass eng Schoul déi Wäert leet op d'Vermëttelung vu Sproochen. Selbstverständlech op där enger Säit déi Sproochen, déi mer kennen, déi mer musse kennen hei am Land; déi dräi Sproochen, déi och hir Plaz hunn am Primaire. Dat heescht Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch. Mä awer och zum Deel gëtt sech opgemaach op d'Mammesprooche vu ville Kanner, aus der Erkenntnis eraus, datt et ebe wichteg ass, och datt e Kand fir d'alleréischt mol seng Mammesprooch ka beherrschen, fir vläicht vun do aus startend iwwerhaapt aner Sprooche kënnen ze léieren an aner Wësse sech kënnen unzëeegnen a Kompetenzen ze entwéckelen.

Et geet och hei drëms fir nei Forme vun Evaluatioun anzeféieren, fir et eben net bei enger punktueller Evolutioun ze loossen, mä ze kucken, datt déi méi kontinuéierlech an op eng aner Aart a Weis ka stattfannen. Natierlech fält och déi enk Kollaboratioun bei dësem Projet tëschent „Eis Schoul" an der Uni Lëtzebuerg op.

Wann een elo dat doten alles kuckt an et stellt ee sech d'Fro: „Ass „Eis Schoul" dann elo e Modell fir d'ganzt Land?", géif ech soen, Neen. Well eist Land mat Sécherheet net prett ass, op deen dote Wee ze goen. Well mer dat dote fir d'éischt elo mol an enger sougenanntener Fuerschungsschoul solle probéieren.

Wann een d'Fro aneschters stellt, nämlech: „Kann „Eis Schoul" en Ideengeber si fir Schoule queesch uechtert d'Land, queesch duerch eis Gemengen?" Da géif ech soen, Jo, dat kann déi Schoul do sinn.

Well wa mer kucke wat d'Sujete sinn, déi hei diskutéiert ginn, déi am Mëttelpunkt stinn, da geet et ëm Elterenaarbecht, et geet ëm Sproochekenntnisser, et geet drëms fir behënnert Kanner ze integréieren. Et geet drëms fir a multidisziplinären Equipë kënnen zesummenzeschaffen. Et geet drëms eng aner Evaluatiounsform kënnen an d'Schoul eranzebréngen. Et geet ëm Ganzdagsschoul respektiv Ganzdagsbetreiung.

Sujeten, déi net typesch sinn an exklusiv an „Eis Schoul" diskutéiert an ëmgesat ginn, mä Sujeten, déi mer queesch uechtert d'Land am Préscolaire, am Précoce an am Primaire begéinen. Duerfir ass et eben esou, datt mer hei kënne vun deem dote Projet léieren, fir op anere Plazen am Land kënnen eppes ëmzesetzen.

Datt mer musse léieren, datt mer musse weiderdenken, ass och hei scho gesot ginn, an do si mer eis eens, datt mer nei Erausfuerderungen um Aarbechtsmaart hu wat d'Qualifikatioun vun de Leit ubelaangt, wa se aus der Schoul kommen. Datt mer nei Erausfuerderunge begéine wa mer kucken, wéi d'Famill sech haut organiséiert, wéi Famill a Beruff kann zesummespillen. Datt nei a grouss Erausfuerderungen nach ëmmer op eis waarden, wann et drëms geet, déi vill verschidden Nationalitéiten an och Kanner aus ganz ënnerschiddleche soziale Milieuen, aus ganz ënnerschiddleche Sproochemilieuë kënnen un eis Schoul erunzeféieren.

Da gesi mer, datt nei Weeër noutwendeg sinn, datt och nei Modeller noutwendeg sinn an datt mer eis Schoulen un deen dote Besoin, deen net ofhëlt, mä éischter zouhëlt, musse kënnen upassen.

Duerfir ass et an eisen Ae wichteg, datt Schoulen aus dem Land un den Erfahrungen, wa se och mol nëmme punktuell sinn, aus dem Projet „Eis Schoul", wa se op déi kënnen zréckgräifen a sech drun inspiréieren.

Nei Weeër solle mer also goen. D'Fro, déi dann direkt gestallt gëtt: „Jo sinn déi nei Weeër do keng Experimenter?"

Duerfir menge mer schonn, datt op där anerer Säit, bei aller Ouverture fir eppes Neies ze maachen, fir eppes Neies ze woen, een awer gläichzäiteg muss kucken, a wat fir engem Kader schafe mer dat Neit an ënner wat fir enge Konditioune kann een domadder d'accord sinn a wéini gëtt een neie Wee, deen ee geet, net zu engem Experiment fir déi Schüler, déi dovunner betraff sinn.

Mir denken, datt et do wichteg ass, an dat ass jo an dësem Projet esou virgesinn, datt déi Schüler, déi an déi Schoul ginn, fräiwëlleg dohinner ginn. Mir kéinten eis net virstellen, datt ee Schüler géif zwéngen an esou eng Schoul ze goen, Eltere géif forcéieren, hir Kanner an esou eng Schoul ze ginn. Wéi gesot, dat ass an dësem Projet jo och respektéiert.

Mir denken och drun, datt et wichteg ass, datt zu all Moment e Wiessel aus dësem Projet eraus an déi sougenannten normal Schoul méiglech ass. Et kann ee sech virstellen, datt een elo säi Kand an déi dote Schoul gëtt, well een hei an der Stad oder an den Alentoure vun der Stad wunnt. Et kann awer sinn, datt een iergendzwouch plënnert, datt een och berufflech bedéngt muss an d'Ausland goen, dann ass et wichteg, datt déi Schoul do net an eng Sakgaass féiert.

Grad esou wichteg wéi et ass, datt och herno nom Ofschloss vun „Eis Schoul" - et kann een net soen nom 6. Schouljoer, mä wann een dann dës Schoul verléisst -, datt een dann och d'Startchancen huet an all deenen anere Schoulen an et net eppes ass, wat automatesch dann an eng ähnlech Form vu Schoul, déi vläicht dann duerch den Neie Lycée kann duergestallt ginn, féiert.

Do hu mer eng Rei vun Zweifel, ob dat an dësem Projet wierklech esou erlaabt ass, an dat muss d'Praxis herno weisen, ob dës Schoul fir déi Schüler, déi doranner ginn, nach ëmmer d'Méiglechkeet bëinhalt, datt se kënnen zu all Moment a ganz besonnesch nom Ofschloss an enger anerer Schoul ouni Weideres Fouss faassen.

En anere Sujet, mat deem mer eis laang beschäftegt hunn, ass dee vun der Evaluatioun. Well mer mengen och, wa mer op esou nei Weeër ginn, da kann een net nei Weeër ufänken, ouni iergendwann eng Kéier ze kucken: Jo, zu wat féiere se, an erreeche mer déi Ambitiounen, déi ganz nobel Ambitiounen an dësem Projet, erreeche mer déi wierklech? Musse mer net nobesseren? Musse mer net vläicht iergendwann eng Kéier ofbriechen an zu eppes anerem fannen?

Do begréisse mer op där enger Säit, datt an dësem Projet de loi iwwerhaapt emol vun Evaluatioun geschwat gëtt, well oft maache mer dat net an der Educatioun a ville Projeten, déi ëmgesat ginn. Mir denken awer och drun, datt, wa mer vun Evaluatioun schwätzen, wa mer an eng nei Richtung ginn, dann dès le départ och d'Kritäre vun der Evaluatioun mussen definéiert ginn, datt een och herno kuckt: Jo, u wat moosse mer dann déi Schoul do? U wat moosse mer d'Resultater, wat ass de Benchmark? Dat vermësse mer eigentlech och an dësem Projet de loi.

Et ass ganz villes extrem am Detail geregelt, wou ee sech hätt kënne virstellen, datt dat éischter an engem Règlement interne vun der Schoul hätt kënne geregelt ginn, mä hei hätte mer eis wierklech gewënscht, datt méi prezis dès le départ definéiert gewiescht wär, wéi d'Evaluatioun stattfanne soll.

An da menge mer awer och, datt deen, deen Evaluatioun bedreift, deen, deen den Evaluateur ass, net deeselwechte ka si wéi deen, deen de Projet mat ausgeschafft huet an de Projet mat begleet huet an herno dann och seet, ob e gutt oder schlecht ass.

Do hätte mer awer wierklech gären, datt deen, deen herno d'Evaluatioun mécht, onofhängeg ass vum Projet an opgrond vun objektiven, vu vireran definéierte Kritäre seng Aarbecht ka maachen.

D'Representativitéit vun der Schoulpopulatioun an deenen dach wéinege Kanner, déi herno an déi dote Schoul ginn, ass mat Sécherheet och net einfach ze erreechen, och wa se am Gesetz esou virgeschriwwen ass. Fir dann och herno representativ Resultater a Konklusioune kënnen doraus ze zéien, schéngt mer och relativ schwiereg ze sinn. Mat emol knapps iwwer 100 Schüler, déi op néng Joergäng dann nach opgedeelt sinn, ass et ganz schwéier herno vun der Mass hier, vun der Zuel hier vun deene Schüler, Konklusioune kënnen ze zéien. Och dofir froe mer eis, ob den Echantillon wierklech grouss genuch ass, fir herno eng zolidd Evaluatioun kënnen ze maachen, ze assuréieren an och déi richteg Konklusiounen ze zéien.

Ee vun de Kritikpunkten, déi een héiert - eng Rei vu Gewerkschaften hu sech an där Hinsicht geäussert, et ass och Schoulpersonal queesch uechtert d'Land, dat dat bemierkt huet -, ass, datt natierlech déi Schoul hei aner Moyene kritt, aner Ressourcë kritt - Personelressourcen, finanziell Ressourcen - wéi soss Schoulen uechtert d'Land. Dat ass wouer. Ech mengen awer och, datt dat zum Deel berechtegt ass, esou datt ech där Kritik do net ganz kann noginn.

Et ass zum Deel doduerjer berechtegt, well d'Schoul jo eben och e Fuerschungsoptrag huet an net nëmmen e Léieroptrag, an d'Schoul eben och hir Erfahrunge muss a soll kënne weiderginn un aner Schoule queesch uechtert d'Land. Mä och dat bedéngt Ressourcen, och dat bedéngt Aarbechtszäit, an och duerfir muss dës Schoul eben deementspriechend ausgestatt sinn.

Et soll een awer och drun denken, wa mer dës Schoul als Virbild gesinn, an eenzel Punkten, eenzel Erfahrungen, déi an dëse Schoule gemaach ginn, dann herno och an anere Schoulen am Land wëllen ëmsetzen, et dann net esou ka sinn, datt d'Virbild ganz aner Moyenen huet wéi déi Schoulen, wou dat herno da soll imitéiert ginn, wat mer da gären als positiv Konklusiounen doraus zéien.

Dat ass awer eppes, wou mer dann och musse kucken, datt mer deene Schoulen ähnlech Moyenen zur Verfügung stellen, well soss ass dat, wat mer eis mat dësem Projet virhuelen, finalement net ze erreechen an et bleift dobäi, datt mer eis eng Rei vun Illusioune géife maachen.

Finalement wëll ech soen, datt d'Demokratesch Partei esou Projete wéi deen heiten, eng Fuerschungsschoul an och eng Schoul, déi op der Pédagogie inclusive baséiert, ka begréissen.

Ech wëll virun allem soen, datt ech festgestallt hunn an deenen Diskussiounen, déi ech gefouert hunn, datt vill engagéiert a motivéiert Schoulpersonal sech fir dee Projet interesséiert huet, sech einfach emol informéiert huet oder wierklech och an deem Projet do wëllt matmaachen, an dat, obscho jo d'Konditiounen eigentlech anerer si wéi an de Schoulen uechtert d'Land, datt hei méi Presenz, méi u Stonnenzuel gefuerdert ass, wéi dat vläicht op anere Plazen ass. Dat mécht engem och Hoffnung, datt d'Enseignanten do matzéien, fir och dat, wat hei an engem Gesetzestext definéiert ass vun Ambitiounen, kënnen ëmzesetzen. Mir wësse jo och, datt d'Nofro bei den Elteren dach ganz zolidd war, fir et emol esou auszedrécken, fir hir Kanner an dës Schoul kënnen ze ginn.

Op där anerer Säit solle mer eis net der Illusioun higinn, a mir sollen den Elteren an de Kanner och net d'Illusioun maachen, datt dat hei eng Superschoul ass, datt jiddfereen, deen uechtert d'Land anzwousch aneschters net d'Féiss op de Buedem kritt huet, net réusséiert huet, elo hei mat esou enger Schoul kéint réusséieren. Do géife mir eis eppes virmaachen. Do géif d'Politik sech eppes virmaachen. Do géife mer de Kanner an den Elteren och eppes eppes virmaachen. Mer kréie mat Sécherheet hei net all Problem geléist, mä déi, déi mer kënne léisen, déi solle mer doduerjer léisen.

Mer sollen och net d'Impressioun ginn, wéi wann elo hei eppes ganz Neies géif entstoen. Et ass och schonn hei gesot ginn, et ass op ähnlech Aart a Weis uechtert d'Land jo scho geschafft ginn.

Mer sollen och net d'Impressioun ginn, wéi wann alles dat, wat bis ewell gutt gewiescht ass an eise Schoulen, an eisem Enseignement, wéi wa mer dat missten iwwer Bord werfe mat dësem Projet oder och an anere Schoulen, déi sech un dësem Projet wëllen inspiréieren.

Dat, wat wouer ass, ass, datt och e Schüler muss eng Leeschtung bréngen, datt mer och e gewëssene Kompetitiounsgeescht sollen hunn, datt och Schüler solle motivéiert sinn, fir déi Leeschtung ze bréngen. Dat schéngt mer nach wie vor wichteg ze sinn, egal ob een herno an „Eis Schoul" geet oder ob een anzwousch aneschters geet.

Opgrond vun deene Remarquen, déi ech gemaach hunn, wat d'Representativitéit ubelaangt a wat virun allem d'kritesch Mass ubelaangt, aus där een herno ka konkret Konklusiounen zéien, an awer och wéint deene Remarquen, déi ech gemaach hunn, wat d'Evaluatioun ubelaangt, wou mer eis wierklech gewënscht hätten, datt mer an dësem Gesetz vill méi konkret drastoe gehat hätten, duerch wien a wéi herno evaluéiert gëtt, kënne mer dem Projet finalement eis Zoustëmmung net ginn. Soss hätte mer dat gemaach. Mä mir wäerten eis duerfir enthale beim Vote. Déi Allermeescht wäerte sech duerfir enthale beim Vote.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Den nächste Riedner, deen ageschriwwen ass, ass den Här Vizepresident Scheuer.

M. Jos Scheuer *(LSAP)*.- Merci, Här President. Ech sinn elo wierklech iwwerrascht. Ier ech heihi komm sinn, war ech der fester Iwwerzeegung, de Spriecher vun der DP, deen de Projet während 20 Minutte begréisst a gelueft huet, géif sech elo zu deem Projet bekennen. Hien huet eng Abstentioun ugekënnegt.

Dat ass schwéier verständlech, Här Meisch.

(Interruption)

Och fir all d'Leit, déi nogelauschtert hunn. Jiddfereen huet heibanne gesiess a war liicht erstaunt.

(Interruption)

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Projet „Eis Schoul" ass e Projet, dee sech mam Laboratoire Schoul befaasst. D'Schoul gëtt elo als Fuerschungsobjekt duergestallt. Se gëtt als Fuerschungsobjekt begraff. Mir hunn en zweete Projet elo hei an der Chamber nom Projet „Neie Lycée", deen ënnert deeneselwechten, net Virwänn, mä ënnert deeneselwechte Prémissen hei gestëmmt ginn ass.

Dir Dammen an Dir Hären, an der öffentlecher Meenung gëtt d'öffentlech Schoul esou opgefaasst wéi en éischter kompakte Block. E Block, dee schwéier ass, a Bewegung ze bréngen. E Block, an deem et schwéier ass, innovativ virzegoen. E Block och, wou et schwéier ass, ze modelléieren a Reformen unzebréngen.

Mir hunn déi Iddi vu Reform an déi Iddi vun Innovatioun ëmmer un d'Privatschoul gekoppelt. D'Privatschoul, déi een ugesäit als

méi flexibel, als méi upassungsfäeg, upassungsfäeg un d'Besoinë vun der Ekonomie an upassungsfäeg un d'Besoinë vun de Kanner an un d'Besoinë vun den Elteren. Ech ginn lech als Beispill den Institut Emile Metz, deen ëmmer dann agesprongen ass, wann Urgence an der Industrie bestanen huet a bestëmmten Ausbildungssecteuren. Ech huelen lech déi Beispiller, déi jiddferee kennt aus dem Secondaire an dem Primaire: d'Beispill vun der Waldorfschoul oder awer vum Lycée international.

D'LSAP huet ëmmer d'Iddi vertrueden, datt d'öffentlech Schoul, d'Schoul déi alle Kanner, onofhängeg vum soziale Statut vun den Elteren, onofhängeg och vun de Leeschtungscapacitéite vun de Schüler zougänglech ass, datt dës Schoul och innovativ muss virgoen an datt déi Innovatioun net der Privatschoul soll reservéiert ginn.

Mir haten och ëmmer d'Gefill an hunn d'Politik vertrueden, datt een Innovatioun net an engem Ghetto soll praktizéieren, mä an der Integratioun an der öffentlecher Schoul.

Ech erënneren un d'Beispill vun der International School. Ech hat beim éischte Projet, wéi mer d'Equivalenz tëschent den Diplomer gestëmmt hunn, dergéint gestëmmt. Firwat? Jo well d'International School eng Privatschoul war, wou een e ganz héije Minerval huet misse bezuele fir kënnen eranzekommen. Wéi d'International School integréiert ginn ass an de Lëtzebuerger Schoulsystem, war kee Problem méi fir se ze stëmmen.

Dir Dammen an Dir Hären, de Projet „Eis Schoul" ass e Projet pilote op ville Pläng.

Ech soe mol fir d'éischt dem Rapporteur villmools Merci fir de Rapport an och fir déi expeditiv Aart a Weis, wéi en an der Kommissioun de Projet zum Vote konnt bréngen. Ech soen de Kommissiounsmembere Merci, déi alleguerten, onofhängeg vun hirer Parteizougehéieregkeet, vill zum Projet bäigedroen hunn. An ech soen awer och der Stad Lëtzebuerg Merci, déi d'Schoulgebaier zur Verfügung stellt, fir datt een déi Schoul kann den 1. September ugoen.

D'Schoul ass e Laboratoire, dat heescht et ginn Experimenter do gemaach. Mä den Här Meisch huet eppes vergiess ze soen: Dee Projet steet ënner engem Erfollegzwang. Den Erfollegzwang ergëtt sech aus der Noutwendegkeet déi Élèven, déi do erauskommen, ze integréieren an de Secondaire. A spéitstens da wësse mer, wat de Modell wäert war fir déi Élèven, déi duerch déi Schoul gaange sinn. Da musse se nämlech verglach gi mat hire Kolleegen aus der Regelschoul a se mussen, wa méiglech, besser sinn am Schnëtt wéi déi, déi duerch d'Regelschoul gaange sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, op deem Projet hei läit Drock. Et ass kee Gespills. Op den Enseignantë läit Drock an déi ganz Schoulorganisatioun muss sech bewähren. Eng ganz Serie vu Bedingunge mussen erfëllt sinn, fir datt de Modell dann och ka verglach gi mat der Regelschoul.

Eng vun deene Bedingungen, iwwert déi mer jo och an der Kommissioun diskutéieren, ass déi hei: D'Populatioun vun där Schoul, d'Populatioun vun den Élèvë muss d'Spigelbild si vun eiser Schoulpopulatioun, déi an d'Regelschoul geet. Ass déi Zesummesetzung garantéiert? Ass se esou, datt ee kéint dee Modell erëmfannen a méiglech grousser Zuel vu Gemengeschoulen?

Dat ass en Défi fir d'Organisateuren, datt se aus deene villen Élèven, déi sech mellen, dann och déi erauszehuelen, déi an dat Spigelbild erapassen.

Ech ginn lech e puer wichteg Elementer un, déi wichtegst Elementer aus dem Opbau, déi sech dann och erëmfannen an deene Schoulprojeten, déi mer amgaange sinn ze diskutéieren an der Chamberskommissioun.

Éischt Element ass d'Personal, wat sech zesummesetzt net méi aus Enseignanten eleng, mä aus enger ganzer Equipe vun Educateure plus aner Intervenanten, déi d'Kanner betreien. Et ass genau dat wat mer och am Reformprojet fir den Enseignement fondamental erëmfannen. D'Chargë si gedeelt an et ergëtt sech dorauser eng aner Form vu Schoulhalen. Dat heescht awer och, datt de Suivi vun dësem Opbau a vun dëser Chargëverdeelung muss vun der Uni Lëtzebuerg gemaach ginn, datt och op dësem Plang Recherchë musse gemaach ginn an datt déi Erkenntnisser mussen afléissen an d'Ausbildung vum Léierpersonal.

Zweetens, zu deenen Equipen, déi d'Kanner betreien, ginn dann och d'Elteren derbäi gezielt. Och dat ass eng Iddi, déi sech am Projet Enseignement fondamental zréckfënnt. D'Eltere sinn an der Responsabilitéit net nëmmen doheem, mä d'Eltere mussen och derfir suergen, datt hir Kanner an der Schoul d'Gefill hunn, datt d'Elterenhaus sech fir hir schoulesch Entwécklung interesséiert. Dat ass e ganz wichtegt Element an der allgemenger Schoulreform.

Drëtt Element ass d'Bewäertung. D'Kanner gi bewäert op eng positiv Aart a Weis - d'Madame Gantenbein ass laang drop agaangen - an hir Fortschrëtter ginn éischter dokumentéiert wéi datt hir Feeler, hir Mängel da beuerteelt ginn.

Et muss een hei och derbäifügen, datt den Här Meisch scho Recht huet, wann e seet, datt hei keng Revolutioun geschitt, mä datt am Fong vill Elementer, déi uechtert d'Land scho praktizéiert ginn a ville Schoulen, vill Modeller hei gruppéiert ginn an engem Modell, wou een dann de Suivi vun deenen eenzelne punktuelle Modeller maache kann, déi soss op anere Plazen existéieren. Et ass e Groupement vu Reformiddien an dëser Schoul.

Wichteg ass och d'Neiännerung vun der Schoulzäit. Hei fanne mer dann och déi Opglidderung an Zyklen, déi natierlech och fir d'Evaluatioun eng grouss Wichtegkeet huet an och fir d'Weiderkomme vun den Élèven, déi eben net méi sollen duerchfalen.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Déi Elementer fléissen also an an de Projet vun der Reform vum Primaire. Si gi generaliséiert an dësem Projet. Natierlech ënner anere Conditions de départ. Dat hei ass trotzdeem e Milieu protégé, wou d'Kanner deelhuelen op fräiwëlleger Basis, an et muss een och soen, datt d'Enseignanten, déi sech hei gemellt hunn, ganz motivéiert sinn an datt se indiskutabel sech hannert dëse Projet stellen.

Wéi dat mat deem anere Modell, mam Enseignement fondamental ausgesäit, dat wäerte mer gesi wann en ëmgesat gëtt, nodeem e gestëmmt ass. Mä elo schonns kann ee léieren zum Beispill bei der Organisatioun vun der Equipenaarbecht, déi sech ubahnt. Et ka geléiert gi wéi Transversalstudië sollen oflafen an et kann een och léieren, wat fir Forme vun Evaluatioun kënnen applizéiert ginn.

Wichteg ass och, datt d'Roll vun der Mammesprooch elo zur Diskussioun steet. D'Mammesprooch an der Phas vun der Alphabetiséierung virun allem.

Eng ganz Serie vun Iddië ginn thematiséiert. Eng ganz Serie vun Iddië kënnen diskutéiert ginn. An dëser Schoul fënnt eng Animatioun statt, déi sech iwwerdroe léisst an den allgemenge System.

Ee Bémol - ech gräife vläicht do dem Här Adam vir - an deem Ganzen: Mir hätten eis kënne virstellen, an ech hätt mer perséinlech kënne virstellen, wann d'Éducation aux valeurs och hei agefloss wär an dëse Projet, esou wéi se am Neie Lycée zustane kënnt. Mä, wéi gesot, hei ass d'Spigelbild vun eiser Gesellschaft an hei ass d'Spigelbild och vun där Schoul, esou wéi mer se elo virfannen, awer vläicht och d'Spigelbild vun dem Projet réforme vum Enseignement fondamental, esou wéi e wahrscheinlech gestëmmt gëtt.

Dir Dammen an Dir Hären, eis Schoul ass also e Modell, deen d'allgemeng Schoulreform begleet an och, wann déi bis a Kraaft ass, weider begleede wäert. En ass nëmme méiglech duerch d'Existenz vun der Uni Lëtzebuerg an der Iddi, datt d'Lëtzebuerger Schoul muss vun der Recherche begleet ginn an duerch d'Recherche encadréiert ginn.

Mir sinn elo kapabel fir eppes ze maachen, wat mer virun enger hallwer Dose Joren nach net maache konnten. Dëse Modell ass awer och méiglech duerch eng couragéiert politesch Décisioun, déi geholl ginn ass vun dëser Regierung, vun dëser Majoritéit a vun der Madame Unterrechtsminister. Domat iwwerbréngen ech den Accord vun eiser Partei.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme le Président.- Merci, Här Scheuer. D'Wuert huet elo den Här Adam.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Madame Presidentin, léif Kolleegen a Kolleeginnen, d'Initiativ, fir eng Pilotschoul, déi op enger Pédagogie inclusive baséiert, ze schafen, geet zréck op eng Initiativ vum GLEN, Groupe Luxembourgeois d'Éducation Nouvelle. Dat huet den Här Rapporteur och gesot. Ech wëll him och hei direkt Merci soe fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport.

Et ass schéin ze gesinn, datt et zu Lëtzebuerg nach ëmmer méiglech ass, datt ee Grupp Leit, deen e Projet ausschafft an dëse Projet mat vill Energie an Ausdauer promouvéiert, a relativ kuerzer Zäit Gehéier fënnt an dëse Grupp kann dann hire Projet realiséieren. Mir hunn dat beim Projet „Neie Lycée" gesinn. Mir gesinn et haut eng weider Kéier beim Projet „Eis Schoul".

De Rapporteur, den honorabelen Här Diederich, ass schonn op de Projet agaangen. Hien huet e gutt beschriwwen. Ech wäert duerfir och net méi weider de ganze Projet beschreiwen, mä am Numm vun der grénger Partei op eng Rei Aspekter agoen, déi eis wesentlech schénge bei dësem Projet.

„Eis Schoul" ass eng Schoul vun der Pédagogie inclusive. Dat heescht, si setzt op d'Differenzéieren an d'Individualiséiere vum Unterrecht. „Eis Schoul" seet, datt d'Verschiddenheet vun eise Kanner an eisem Land keng Ursaach ass sech ze bekloen. D'Villfalt an d'Ënnerscheeder vun eise Kanner solle mer als Räichtum betruechten an ze notze wëssen. Dat misst jo eigentlech fir all Schoule gëllen.

Hei ass bestëmmt och net d'Plaz, fir sech laang a breet mam Terme „Pédagogie inclusive" auserneenzesetzen. Ech erënneren awer gären an dësem Kontext un den Artikel 2 vun der UNO-Kannerrechtskonventioun vun 1989, wou d'Gläichwäertegkeet vun alle Kanner festgehale gëtt. Eng Gläichwäertegkeet, onofhängeg vu Geschlecht, Relioun, der nationaler, ethescher oder sozialer Origine an och onofhängeg vun enger Behënnerung.

Et ass gutt, datt „Eis Schoul" sech definéiert als Schoul fir all Kanner. Et steet och am Gesetz, dat mer haut stëmmen, datt d'Schülerpopulatioun an dëser neier Schoul op d'mannst genausou heterogen soll si wéi déi am ganze Land. „Eis Schoul" geet souguer nach e Stéck méi wäit: Op d'mannst 10% vun de Kanner an dëser Schoul solle Kanner mat spezifeschen éducative Besoinë sinn.

Dat huet mir fir d'éischt geschéngt, wéi wann et däers Gudden ze vill wier. Wa mer wëssen, datt an eise Schoulen ongefëier 1% vun eiser Schülerpopulatioun a Strukture vun der Ediff beschoult ginn, gutt een hallwe Prozent vun de Kanner mat Hëllef vu SREA an/oder kommunale Mesuren an eise Schoulen integréiert sinn, dann ass dat mat 10% effektiv zimlech héichgeluecht.

D'Explikatioune vum Grupp, deen dee Projet ausgeschafft hat, waren awer schlësseg. Et geet bei dësem Projet net drëm, dat eent oder dat anert Kand mat engem Handicap ze integréieren. Et geet drëm eng Struktur opzebauen, wou Kanner mat an ouni Behënnerung mateneen a vunenee solle léieren. Duerfir brauch een eng Equipe vu Personal an och eng gewëss Masse critique vu Kanner.

Fir datt dëst éiergäizegt Zil ka réusséieren, ass dann och de Personalkader vun der Schoul am Artikel 18 definéiert. Dëse Personalkader ass gutt definéiert: ganz anescht, vill manner restriktiv, vill besser wéi dat am neie Schoulgesetz, dat nach um Instanzewee ass, de Fall ass.

Bei „Eis Schoul" gehéieren niewent de Schoulmeeschteren an de Léierinnen, niewent den Éducateurs an Éducatrices diplômés a gradués och nach Psychologinnen, Heilpedagoginnen, Orthophonistinnen an nach aner spezialiséiert Beruffer zur Équipe pédagogique.

Mir hunn d'Rechnung net gemaach, ob dëse Schoulmodell soll méi deier gi wéi eis Regelschoul. Mir ginn awer dervun aus:

1. datt bei enger École de recherche de Käschtepunkt bei Wäitem net déi wichtegst Roll dierft spillen;

2. datt d'Käschte wahrscheinlech net oder net wäit iwwert deene vun der Regelschoul stinn. Mir hunn hei zwar méi en héije Personalschlëssel, mä mir spuere jo och souwuel SREA wéi Plazen an Ediff-Strukturen an eventuell an der Logo;

3. geet et hei ëm ee politesche Choix. Wëlle mir un enger Gesellschaft schaffen, déi vu virera Mënschen - hei sinn et Kanner - ausschléisst, déi mir dann erëm mat vill Moyenen a Méi probéieren ze integréieren? Oder wëlle mer dat vermeiden an eng Gesellschaft schafen, wou d'Mënschen alleguer matenee fonctionnéieren, jiddfereen no senge Moyenen? Mir Gréng hunn eise politesche Choix fir eng inklusiv Gesellschaft getraff.

Och d'Zesummesetzung vun de Klassen ass anescht an „Eis Schoul". Wann d'Schoulentwécklung vun deene leschte Jorzéngten am ganze Land eis vun de Méijoergangsklassen op d'Eejoergangsklasse bruecht huet, esou gëtt hei bewosst op d'Eejoergangsklasse verzicht. Ëmmer dräi Joergäng ginn an engem Klasseverband regruppéiert. Domat soll dee falsche Gedanke vun der Homogenitéit vu virera keen Nährbuedem kréien.

Et sinn och bewosst dräi Joergäng an ee Grupp zesummegefaasst ginn an net zwee, wéi de Ministère dat mat sengen Zykle wëllt soss iwwerall virschreiwen. Hei ass op d'Erfahrung aus zum Beispill der Laborschule Bielefeld zréckgegraff ginn. Bei dräi Joergäng ass festgestallt ginn, datt déi grouss Kanner gären deene Klengen hëllefen. Déi aus der Mëtt kënne sech jee no hirer Entwécklung éischter bei deenen engen oder bei deenen aneren uschléissen. Bei zwee Joergäng ass d'Zesummenaarbecht mat vill méi Rivalitéiten a Komplikatioune verbonnen.

„Eis Schoul" ass eng Ganzdagsschoul mat enger obligatorescher an enger fakultativer Plage horaire. Déi obligatoresch Presenz vun de Kanner bedeit, datt all Kand hei mindestens 36 an eng hallef Stonn an der Schoul ass. An dës Zäit fält och d'Mëttegiessen, dat gradesou wéi déi fakultativ Aktivitéite mat Onkäschte fir d'Eltere verbonne ka sinn. Ob d'Mëttegiessen net prinzipiell gratis misst sinn, wëll ech hei net verdéiwen. Wat eis para- a périscolaire Aktivitéite betrëfft, besteet awer sécher nach Handlungsbedarf fir eise ganze Schoulsystem. Bei dësem Projet ass dee Volet gutt geléist.

„Eis Schoul" ass och Virreider, nieft der Jean-Jaurès-s-Schoul zu Esch, wat d'Ganzdagsbetreiung an der Schoul ugeet. Fakultativ sinn nach eng Stonn moies a bis dräi Stonnen am Nomëtteg virgesinn.

Am Projet de règlement grand-ducal zum Gesetz ass dann och d'Tâche vun den Enseignanten an deem anere Personal festgehalen. D'Schoulmeeschtere sinn 30 Stonnen an der Schoul present. Wéi si hir Zäit opdeelen ass relativ vag gehalen an dat ass och gutt esou. D'Educateuren an d'Éducateurs gradués si während der Schoulzäit 44 Stonne present.

An den Artikelen 10 bis 14 ginn eng Rei Organisatiouns- a Gestiounsstrukturen agefouert. Mir begréisse se alleguer: d'Personalversammlung, de Schülercomité, den Elterecomité, de Schoulcomité an de Conseil d'école.

All dës participativ Strukture maache Sënn. Eis feelt awer en Direkter an där Schoul. Mir haten een Amendement an der Chamberskommissioun erabruecht, wou mer den Artikel 11 gäre geännert hätten. Ee President, dee vun engem Comité désignéiert ass - an ech zitéieren -: «qui exécute les décisions du comité d'école», huet net déiselwecht Méiglechkeete wéi een Direkter, deen als Direkter nominéiert ass an dee selbstverständlech mat alle participative Gremien zesummeschafft.

Et ass erstaunlech, datt besonnesch d'CSV, déi op praktesch all Schoulkommissiounssëtzung ee Schouldirekter fir eis Primärschoule gefrot huet, eist Amendement net matgedroen huet. Mä vläicht ass et jo do och en Handel ginn tëschent de Koalitiounsparteien: Dir verzicht op den Direkter, da verzichte mir op de gemeinsame Wäerteunterrecht.

Une voix.- Dat war net deen éischten!

Une autre voix.- Hohoho!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Dat ass nämlech e weidere Punkt am Gesetzesprojet, dee fir eis ganz einfach onverständlech ass, jo eigentlech d'Seriositéit vun deem ganz flotte Projet a Fro stellt. Et ass fir déi Gréng einfach onverständlech firwat eis Regierung eng Schoul geschafen huet, déi voll a ganz op eng inklusiv Pedagogik setzt, dat heescht eng Schoul fir all Kanner; ech erënneren nach eng Kéier un den Artikel 2 vun der UNO-Kannerrechtskonventioun.

Souguer am Commentaire des articles steet zum Artikel 1: «La pédagogie inclusive part „du principe fondamental que tous les élèves d'une communauté doivent apprendre ensemble, dans la mesure du possible, quels que soient leurs handicaps et leurs difficultés".» An dëser Schoul ass grad just an eenzeg an eleng d'Relioun een Handicap, deen zu enger Exklusioun féiert. An enger Schoul, wou mir d'Kanner net no hirem Alter trennen an net no hire Besoins spécifiques, do trenne mer d'Kanner no de reliéisen Usiichte vun hiren Elteren.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Hei gëtt parallell ee Reliounscours an ee Moralscours organiséiert. Dat ass net an der Rei.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- An enger Schoul, wou all Intervenant Member vun der Equipe vum Personal ass, wou déi ganz Equipe dem Educatiounsministère ënnerstallt ass, do fanne mir nach Plaz fir een eenzegen Externen: de Vertrieder vum Bistum, deem säin eenzege Chef den Erzbëschof ass. Den Amendement vun der grénger Partei, fir ee gemeinsame Wäerteunterrecht nom Virbild vum „Neie Lycée" an „Eis Schoul" anzeféieren, ass ofgelehnt ginn; och vun der LSAP. Dat ass och schwéier ze verstoen.

Déi Inkonsequenz am Projet, dee Widdersproch, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dee geet eendeiteg op de Kont vun der Politik. D'Politik hat hei net de Courage fir de Wee ze goen, deen d'Konzept vun der inklusiver Pedagogik virschreift.

Méi Courage hat d'Madame Minister, wéi et ëm d'pedagogesch Fräiheet vun „Eis Schoul" gaangen ass. Den Enseignement baséiert op enger interdisziplinärer Approche. Et ass der Schoul och fräigestallt, Schoulbicher ze benotzen, déi net op der Lëscht vun der Commission d'instruction stinn.

Vill Courage weist de Projet och, wann et ëm d'Evaluatioun vun de Schüler geet. Ech hat schonn drop higewisen, datt et keng Jorgangsklassen an dëser Schoul gëtt, mä datt d'Kanner an Altersgruppen zesummegesat sinn, déi vun dräi bis fënnef, vu sechs bis aacht a vun néng bis eelef Joer ginn. D'Sëtzebleiwen ass ofgeschaaft - mir gratuléieren!

Am Artikel 7 gëtt festgehalen, datt fir all Schüler e Portfolio zesummegestallt gëtt, deen ausféierlech iwwert deem eenzelne Schüler seng schoulesch Progressioun informéiert. Deel vun dësem Portfolio ass eng Aart Tagebuch, wou d'Schüler lues awer sécher drop higefouert ginn, sech selwer korrekt ze evaluéieren. Dat ass ongewinnt. De Statsrot stéisst sech drun a mengt, d'Kanner kéinten dat net. An „Eis Schoul" sollen d'Kanner dat awer léieren, a mir mengen, datt dat keen einfachen, awer e ganz wichtegen Exercice fir all Kand ass an datt d'Schrëtter zu enger Selbstevaluatioun ganz fréi kënnen ufänken.

Just mam Travail de fin d'études primaires hu mir eis Problemer. En éischte Problem hu mer mam Volume vun der Aarbecht. Wann een am Exposé des motifs liest, wat alles an deem Travail de fin d'études primaires agepaakt gëtt, da schéngt eis dogéint déi aktuell Orientatioun am 6. Schouljoer, just vum Volume hier gekuckt, e Kannerspill.

Ech hunn awer Vertrauen an déi pedagogesch Equipe a ginn dovun aus, datt dës Equipe schonn derfir suergt, datt d'Kanner net platt gemaach gi mat dëser Aarbecht.

En zweeten, vill méi déif gehende Problem ass awer, dass dës Aarbecht vun eelef- an zwielefjährege Kanner muss gemaach hunn. Et wier pedagogesch vill méi sënnvoll, wann den Travail de fin d'études primaires en Travail de fin de l'obligation scolaire wier. Et ass erëm eng Kéier de Mangel u politeschem Courage, deen hei eng wichteg Ausriichtung vum Projet verhënnert huet. Dëse Projet dierft net mat der Grupp vun den Néng- bis Eelefjährege ophalen. D'Orientatioun an de Lycée classique an an de Lycée technique kënnt einfach ze fréi. Hei baue Kanner jorelaang Wëssen op, hei ginn nei pedagogesch Weeër gaangen, hei gëtt eng aner Kultur vum matenee Léieren gefördert, an am klasseschen Alter vum 6. Schouljoer gëtt dat da futtigemaach.

Mir wëlle keng Zoustëmmung vun der falscher Säit. Duerfir nach eng Kéier däitlech: Mir hu keng Suerg, datt déi Kanner, déi jorelaang an „Eis Schoul" geléiert a geschafft hunn, net kéinte Fouss an eisem traditionelle Schoulsystem faassen. Am Géigendeel. Si missten esou gutt preparéiert sinn, wat Aarbechtsattitüd, Selbstevaluatioun, Selbstwäertgefiller, kritesche Geescht ugeet, datt si am Groussen a Ganze mat hiren Aarbechtskolleegen, déi en anere schoulesche Wee gaange sinn, kënne mathalen.

Mir si ganz einfach iwwerzeegt dovun, datt den Iwwergank an den dräiglidderege Schoulsystem ze fréi kënnt, datt een d'Schüler méi laang soll mateneen a vunenee léiere loossen an datt dat besonnesch däitlech gëllt fir eng Schoul, déi ganz kloer net op Selektioun setzt, eng Schoul, déi op Inklusioun baut.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

„Eis Schoul" fir all schoulflichteg Kanner mécht also eng éischt Exklusioun, an zwar no der reliéiser Astellung vun den Elteren, an eng zweet Exklusioun dann, wann d'Kanner zwar nach schoulflichteg sinn, awer den Alter vum 6. Schouljoer iwwerschreiden. Dat ass an eisen Ae méi wéi e Schéinheetsfeeler.

A fir dat ze erkläre kommen ech op deen anere wichtegen Aspekt vun dësem Gesetz an dëser Schoul. Et handelt sech hei net just ëm eng Schoul mat engem innovative pedagogesche Konzept. Et ass och eng École de recherche. Am Artikel 15 gëtt e Conseil scientifique installéiert, dee fir d'Koordinatioun vun der Recherche an der Schoulentwécklung zoustänneg ass. An dem Conseil scientifique si sechs Leit, dovun zwee Wëssenschaftler vun der Uni. Am Artikel 16 gëtt d'Zesummenaarbecht tëschent der Uni an „Eis Schoul" festgehalen. Et ass och eng Évaluation externe virgesinn, an dat ass wichteg.

Interessant ass an deem Kontext, datt d'Unité de recherche EMACS vun der Uni Lëtzebuerg zum Beispill e Konferenzzyklus organiséiert zum Thema „L'école luxembourgeoise de demain". Déi Equipe vu Chercheuren, déi schonn den Neie Lycée wëssenschaftlech begleet, stellt am Fong geholl ëmmer erëm déiselwecht Resultater vir. De Lëtzebuerger Schoulsystem ass ze vill selektiv. Mir differenzéieren net genuch am Unterrecht. Mir gräifen ze vill oft zum Allheilmittel Sëtzebleiwen. Hei dréit „Eis Schoul" deenen Erkenntnisser Rechnung a geet aner Weeër.

Déiselwecht Chercheurë soen awer och ëmmer erëm, datt mir eis Kanner ze fréi opdeelen op dräi Filièren - classique, technique a modulaire. Där Erkenntnis droe mir an eisem innovative Projet vun enger École de recherche schonn direkt net Rechnung. Dobäi géif sech grad just hei d'Méiglechkeet bidden, Recherche ze maachen, wéi mir eis zu Lëtzebuerg missten ustellen, fir e gemeinsamen, sënnvollen Unterrecht fir déi dräizéng- bis fofzéngjähreg Schüler ze organiséieren.

Mir stellen eis do d'Fro, wéi seriö mir dann elo déi wëssenschaftlech Begleedung däerfen huelen. Wat geschitt mat den Erkenntnisser, déi d'Uni an déi „Eis Schoul" maachen? Si mer bereet dat ëmzesetzen an eise Schoulen, wat sech als richteg ze erkenne gëtt, oder setze mer just dat ëm, wat eis politesch an de Krom passt?

Dat gëllt och fir en anere wesentlechen Aspekt vum Projet d'une école de recherche, dem Ëmgang mat eiser Sproochevielfalt an eise Schoulen. Hei ass „Eis Schoul" och bereet nei, aner Weeër ze goen. Schonn eleng den Aspekt vun der sproochlecher Situatioun zu Lëtzebuerg justifiéiert d'Schafung vun dëser Schoul. Eigentlech ass et onverständlech, datt mir bis elo op deem Domän nach praktesch näischt opzeweisen hunn. D'Problemer si jo net vun haut an net vu gëschter.

„Eis Schoul" wëllt d'Mammesprooch vun de Kanner revaloriséieren. Dat mécht bestëmmt Sënn. Wéi reagéiert d'Politik awer, wa mer géife feststellen, datt mer eventuell zweegleiseg mat der Alphabetiséierung misste fueren?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss. Wann eis Regierung an d'Madame Minister emol net bei enger École préscolaire et primaire de recherche fondée sur la pédagogie inclusive de politesche Courage huet, e gemeinsame Wäerterunterrecht fir all Kanner anzeféieren, an och net de Courage huet, de Projet iwwert déi ganz Schoulflicht auszedehnen, obschonn dat sech opdrängt; wann d'Madame Minister zwar hei vill positiv Strukture vu Participatioun festhält, awer net mat engem Direkter fir Transparenz a Konsequenz suerge wëllt, da versti mir, firwat deen anere Projet, deen haut net zur Debatt steet, dee vun der Schoulreform, esou bescheiden ausgefall ass.

Bei aller Kritik u mangelndem politesche Courage bei dësem Projet, sinn DÉI GRÉNG der Meenung, datt déi positiv Aspekter bäi wäitem iwwerweien. Dat grousst Schoulgesetz wäert sech un dësem Projet musse moossen, an ech kann lech elo scho soen, datt dat grousst Schoulgesetz da ganz blatzeg ausgesäit.

Hei ass d'Fro gestallt ginn: Ass „Eis Schoul" e Modell fir d'ganzt Land? Ech menge ganz kloer net. Dat ass och net esou geduecht, mä...

(Coups de cloche de la Présidence)

M. le Président.- Här Adam, Är Riedezäit ass ofgelaf.

M. Claude Adam *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kommen zum Schluss, Här President, Merci. Mä dat ass net esou geduecht, mä ech mengen, d'ganzt Land misst kënne vun där neier Schoul léieren.

Ech bréngen trotz alle Bedenke mat Freed den Accord vun der grénger Partei zu dësem Gesetz a wënschen der Équipe pédagogique mat hire Schüler a Schülerinne vill Satisfaktioun an Erfolleg an „Eis Schoul".

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Adam. Den honorabelen Här Mehlen huet d'Wuert elo.

M. Robert Mehlen *(ADR)*.- Merci, Här President. Fir unzefänken och dem Rapporteur e Merci fir säin ausféierleche Rapport.

Madame Minister, mir sinn der Meenung, Dir sidd net ze beneiden.

(Interruptions)

Mir si souguer der Meenung, Dir kënnt engem richteg leeddoen. Dir sidd gefuerdert, dat, wat eng ganz Rëtsch vun Äre Virgänger iwwer Jorzéngte versaimt hunn, opzehuelen, déi duerch hiert Gekniwwels a Geknëschels aus der gudder Lëtzebuerger Schoul d'Lanterne rouge an der ganzer OCDE fäerdeg bruecht hunn.

Et besteet e gewaltegen Décalage hei zu Lëtzebuerg tëscht dem finanziellen Opwand an dem Resultat. Mer wëssen, datt eis Schoul zweeanenhallefmol méi deier pro Kapp kascht wéi an der Moyenne vun der OCDE an datt mer an de PISA-Tester regelméisseg hannen um Wupp landen.

Mer wëssen, datt ronn 1.200 Kanner all Joer hei aus der Schoul kommen ouni Ofschloss. Mer wëssen, datt der bal 5.000 am Ausland sinn, deenen eis Schoul net hëllefe kann an déi dann am Ausland a Schoulen, déi mat vill wéineger finanzielle Mëttele mussen iwwert d'Ronne kommen, gehollef kréien. D'Aarbechtswelt an och d'Astellunge beim Lëtzebuerger Stat bestätegen, datt eis Schoul an enger déiwer Kris stécht.

Wat muss geschéien?

D'ADR, Här President, ass der Meenung, datt mer dréngend eng déif gräifend Reform vun der Lëtzebuerger Schoul brauchen. Et ass richteg, datt ganz ënne muss ugesat ginn, an zwar schonn am Précoce an an der Spillschoul.

Mir brauche méi individuell Betreiung, e méi individuellt Agoen op d'Besoinë vun de Kanner. Dat ass richteg. Mir brauche méi Flexibilitéit am Schoulhalen. Och dat ass richteg. Mir brauchen dréngend méi en intensiivt Zesummeschaffen tëscht Elteren a Léierpersonal. Och dat ass richteg.

Ass awer hei am Kader vun dësem Projet dee Punkt do garantéiert? Mir gëtt gesot, datt nëmmen en Entretien mat den Eltere virgesi wär an datt d'Elteren net bei der Evaluatioun an der Entwécklung vum Projet derbäi wären. Et feelt - mäi Virriedner huet et scho gesot - eng staark Direktioun an eng kloer Hierarchie, fir dee Betrib do ze féieren.

Här President, ass eng École de recherche eng gutt Léisung an där Situatioun, wou mer hei am Land sinn? Mir soen: D'Zilsetzung ass ganz sécher gutt, mä et gëtt eng ganz Partie Risiken an Nodeeler. Hei gëtt eng Schoul gemaach, wou Experimenter mat Kanner ugestallt ginn. Si ginn als Versuchskarnickel vun der Natioun agesat.

D'Fro stellt sech: Ass fir déi Kanner, wou d'Elteren eventuell plënneren - wéi een dat op Lëtzebuergesch seet -, e Wiessel an eng normal Schoul méiglech wa se eng Kéier do dra sinn? Wéi ass et herno mam Iwwergang an de Secondaire oder an den Technique? Mussen d'Kanner herno an den Neie Lycée goen, fir iwwerhaapt eng Erfollegschance duerno ze hunn?

Dann, Madame Minister, kritt een hei - an dat ass fir mech, wann dat schonn eng École de recherche soll sinn - den Effet vun der Motivation supplémentaire vum Léierpersonal, vun deene Leit, déi dee Projet hei sollen duerchzéien, an der Evaluatioun iwwerhaapt erausgerechent? Mir zweifele ganz staark dorun.

Här President, d'Meenung vun der ADR ass ganz kloer déi heiten: D'Absicht ass luewenswäert, mä wat mécht d'Politik normalerweis wa se sech net traut Problemer décidéiert unzepaken? Et gëtt an der Regel eng Etüd ordonnéiert oder eng Kommissioun agesat. Hei gëtt zwar keng Kommissioun agesat, mä hei gëtt eng experimentell Schoul an d'Welt gesat. Et kann ee sech d'Fro stellen: Firwat dann experimentéieren a studéieren? Meng Virriedner an och de Rapporteur si jo zum Deel am Detail dorop agaangen. Ech kann dat aus Zäitgrënn net.

Mir stellen awer fest, datt d'OCDE eis an hirem Rapport ganz kloer seet wou eis Schwaachpunkter sinn. Mir wëssen, datt mer deelweis an enger spezieller Situatioun sinn. Mä wou eis Schwaachpunkter sinn, dat wësse mer och zum allergréissten Deel selwer, wa mer éierlech sinn.

Op ongezielten Universitéiten an der ganzer Welt gëtt Fuerschung iwwert d'Verbesserung vun den Unterrechtsmethode bedriwwen. Mir kënnen ouni Problem op d'Resultater vun deene Fuerschungen zréckgräifen. Aner Länner mat gudde Resultater weisen eis, wéi een et besser ka maachen.

Madame Minister, Dir wësst, datt mer zu enger etlech a Finnland waren, wou mer och Schoule besicht hunn. Déi Schoulen, déi mer besicht hunn - dat muss ech soen -, waren der net, wou nëmme privilégiéiert Kanner vu finnescher Sprooch a finnescher Ofstamung enseignéiert gi sinn. Mä si hunn eis ganz bewosst a gewollt a Schoule gefouert, wou zum Beispill 20% Auslänner waren a wou och e groussen Deel finnesch Kanner aus sozial defavoriséierte Milieue gestaamt hunn. Mir hu festgestallt, datt déi Schoulen e bësse méi wéi eis al traditionell Schoul fonctionnéiert hunn; erstaunlecherweis fir eis. Mir hunn do villes geléiert, wat mer hei zu Lëtzebuerg net onbedéngt nach eng Kéier nei mussen experimentéieren an erausfannen.

D'Alternativ zu dësem Projet wär d'Fuerschung am Kader vun eisem normale Schoulbetrib an Zesummenaarbecht mat der Uni Lëtzebuerg, fir eenzel Elementer kënnen ze evaluéiere wann ee verschidden Elementer enger Ännerung ënnerzitt.

Här President, mir sinn der Meenung, datt dës École de recherche en Alibi ass, fir keng allgemeng fundamental Reform ze maachen, déi mer esou néideg hunn. Elo kréien ech natierlech als Äntwert: Ma mer sinn dach amgaang dat ze maachen. Do deelen ech awer och d'Meenung vu mengem Virriedner, datt dat, wat de Moment als déi grouss Reform vum Schoulgesetz vun 1912 duergestallt gëtt, bei Wäitem net duergeet fir deen Défi, deem mer ausgesat sinn.

Déi École de recherche ass d'Symbol vun der Flucht virun der Verantwortung, déi elo schonn 20 Joer dauert. Et ass eng luewenswäert Initiativ - an dat muss awer och hei gesot ginn - vu Leit um Terrain, déi d'Flemm hu mam aktuelle System an déi gesinn, datt mer eis an d'Sakgaass verrannt hunn, an déi duerfir aus eegener Initiativ e Projet ausgeschafft hunn, deen, wéi gesot, luewenswäert ass, a fir ze kucken dann endlech vläicht iwwert dee Wee eppes deblockéiert ze kréien.

Den Développement am Kader vun dëser Schoul vun der Qualitéit: Mir gëtt gesot, datt d'Uni do nach an de Kannerschong géif stiechen, et wären nëmmen 300.000 Euro dofir virgesinn. An et gëtt mer gesot, datt eleng d'Kommissioun fir d'Evaluatioun - dat ass awer eng aner - am 6. Schouljoer scho 700.000 Euro, dat heescht méi wéi dat Duebelt, gebraucht hätt, fir d'Indemnitéiten un déi Leit auszebezuelen, déi sech domat ofginn. D'Uni an de Script sinn net prett, fir de Suivi an der Evaluatioun ze maachen. D'Fro muss gestallt ginn: Wou sinn dann zu dësem Zäitpunkt d'Evolutiounskritären?

Dann en aneren Nodeel: Et dauert immens laang an deem Zäitdrock, wou mer eis befannen, fir d'Lëtzebuerger Schoul grondleeënd ze reforméieren. Et dauert immens laang bis geséchert Resultater virleien; wann et der iwwerhaapt gëtt aus deene Grënn, déi ech schonn ugefouert hunn. Am Prinzip dauert et jo e ganzen Zyklus, well eng definitiv ofschléissend Bewäertung kann ee jo eréischt maache wann e Kand déi ganz Schoul duerchlaf huet, vum Ufank bis zum Enn. Dat wäre jo dann am normalen néng Joer. Soulaang kënne mer natierlech net waarden. Dir äntwert mer, Madame Minister, wahrscheinlech, datt ee jo scho relativ séier Zwëscheresultater kritt.

Här President, ech kommen zur Konklusioun. Musse mer hei zu Lëtzebuerg d'Rad nei erfannen, wann anerer et schonn honnertmol erfonnt hunn? Mir sinn der Meenung, datt dat hei de falsche Wee ass, fir d'Lëtzebuerger Schoul an engem räsonnabelen Délai - an do hu mer kee Choix - ze reforméieren. Mir sinn der Meenung, datt

hei erëm eng Kéier Zäit verluer gëtt mat experimentéieren an evaluéieren. Mir sinn och der Meenung, datt trotzdeem fir déi Kanner, déi an dee System hei agebonne ginn, Risiken dermat verbonne sinn. Aus där Ursaach, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, kënne mir dësem Gesetz eis Zoustëmmung net ginn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Berger agedroen.

M. Eugène Berger *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir diskutéieren hei iwwer e Projet, deen nei Weeër wëllt goen, fir op déi Problemer an Défien anzegoen, déi een am Allgemenge mat „Échec" an „Exclusion scolaire" bezeechent. Et ass e Projet, dee méi spezifesch d'Grondschoul betrëfft a bei deem ech wëll besonnesch folgend Punkte positiv ervirhiewen.

Et ass eng Approche, wou differenzéiert an individualiséiert Unterrechtsformen an Aarbechtsweisen am Vierdergrond stinn, mam Zil fir d'Kanner zu méi aktivem, selbstständegen a responsabele Léieren erunzeféieren a se fir d'Schoul an d'Leeschtung ze motivéieren. Dat gëllt och fir d'Bewäertung, déi net op d'Sanktioun mä op konstant a formativ Evaluatioun opbaut.

Et ass eng Ganzdagsschoul, wat eng Äntwert ass op eng Demande respektiv e Besoin vun der heiteger Gesellschaft an hire verännerte Forme vun Zesummeliewen a Familljen.

Et soll eng Schoul ginn, wou Kanner vun ënnerschiddlechste sozialen a kulturellen Originë sollen integréiert ginn. Bemierkenswäert ass och, datt d'Léierinnen an d'Schoulmeeschtere sech iwwert déi klassesch Tâche eraus engagéieren, fir an der Schoul ze schaffen a sech ze concertéieren.

Ech wëll awer och ënnersträichen, datt ee bei eiser Schoul net exklusiv Neiland hei zu Lëtzebuerg betrëtt. Iwwer Land an eise Primärschoule ginn et schonn eng ganz Rei Initiativen a Pilotprojeten, déi schonn déi eng oder déi aner Elementer vun „Eiser Schoul" an der Praxis ëmsetzen. Si sollen net vergiess ginn a mussen och weiderhin eng adequat Ënnerstëtzung kréien.

Mat Kolleegen zu Réiser a Bierchem zum Beispill hat ech d'Geleeënheet, ech géif och soen d'Chance, virun iwwer zéng Joer bei esou enger Initiativ matzemaachen, déi an enger Rei Aspekter, besonnesch wat d'Unterrechtsformen an -organisatiounen ubelaangt, praktesch dat war, wat elo soll an där neier Schoul ëmgesat ginn. Ech konnt och deemools dat Positiivt fir de Schüler an awer och fir den Enseignant derbäi erliewen. Ech sinn och frou, datt eng Rei Konzepter, déi mer deemools ugefaangen hunn, hir Weeër gemaach hunn.

Sécherlech ass dee Projet, dee mer elo diskutéieren, net perfekt an et goufe verschidde Froen a Kritiken - ënner anerem vum Jos Scheuer, dem Claude Adam an dem Claude Meisch - opgeworf, déi ganz pertinent sinn. Ech kann déi Bedenke verstoen, ech deele se awer net onbedéngt all a sinn der Meenung, datt een dësem Projet soll eng Chance ginn. Ech wäert duerfir och fir dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Berger. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo fir d'Regierung d'Madame Mady Delvaux, zoustänneg Ministesch.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann iwwert d'Schoul geschwat gëtt an dësem Gremium an op anere Plazen, da gëtt oft lamentéiert, an ech hunn eigentlech keng Loscht fir ze lamentéieren.

Ech begéinen nämlech, wann ech op den Terrain ginn, onheemlech vill Schoulen, Primärschoulen an och Lycéeën - mä mer schwätze jo haut vu Primärschoulen -, déi sech a Bewegung setzen, déi Projete maachen, déi probéiere mat där komplizéierter Schoulpopulatioun an an eiser komplizéierter Gesellschaft Äntwerten ze fanne fir déi Kanner, déi hinnen uvertraut sinn, se ze qualifizéieren a se esou wäit wéi méiglech ze bréngen.

Et gëtt där Schoule vill. Den Här Berger huet e Beispill genannt, ech wëll net eng Lëscht maachen, well ech riskéieren, een ze vergiessen, mä ech kann lech garantéieren, et gëtt vill Schoulen, déi gesinn, dass ee sech eigentlech muss upassen.

D'Zil, wat mer virginn, ass fir all d'Schoulen datselwecht, de Programm ass deeselwechten, d'Kompetenzen, déi mer gär vun de Kanner hätten, sinn déiselwecht, awer de Wee, wéi een d'Kanner op dat Zil bréngt, deen hänkt vun de Géigenden of vum Land, en hänkt of vun der Personalitéit vun den Enseignanten, vum Geescht, deen an der Schoul herrscht, an u sech gëtt et net a priori eng gutt oder eng schlecht Method, mä et geet drëm, fir déi richteg ze fannen, fir d'Kanner zu deem Zil ze bréngen.

Wat awer speziell ass un deem Projet, deen haut hei virläit, dat ass éischtens, dass e ganz prezis sech bekennt zur inklusiver Pedagogik. Meng Virriedner sinn alleguer dorobber agaangen. Ech denken, dass vun haut un de Begréff vun der inklusiver Pedagogik wäit am Lëtzebuerger Land verbreet ass. Et geet also drëm, net auszegrenzen, mä jiddferee matzehuelen an dovunner auszegoen, dass jiddfereen eppes kann. All Kand ass capabel, all Kand huet aner Potenzialitéiten. Et geet drëm, fir dorauser déi bescht ze benotzen, fir se alleguerten zesumme weiderzebréngen.

Déi opfälleg Zeechen un der inklusiver Pedagogik sinn natierlech déi, déi hei ervirgestrach si ginn. Dat ass, dass et drëm geet, Kanner mat Besoins spécifiques net auszegrenzen, mä se an den Unterrecht ze integréieren, an dann eben och déi ganz Vielfalt vu soziale Schichten, vu Sproochenhannergrond, fir dat alles an därselwechter Schoul mat de Kanner alleguer zesummen zum Räichtum an zur Entwécklung ze bréngen.

Dat zweet Element, dat speziell ass un dëser Schoul a se vun anere Schoulen ënnerscheet, dat ass, dass et eng Forschungsschoul ass. Et ass eng École de recherche.

Wat sinn déi Haaptobjeten, iwwert déi recherchéiert gëtt?

Dat ass, éischtens: Wéi differenzéieren ech? Wéi ginn ech mat Heterogenitéit ëm? Well mer a villen Débaten eigentlech identifizéiert hunn, dass dat dee gréissten Défi ass fir d'Lëtzebuerger Schoul: Wéi soll eis Schoul sech op d'Heterogenitéit astellen?

Deen zweete grousse Volet ass dee vun der Villsproochegkeet. An deem Land, wou mer gären hätten, dass all Kand Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch an Englesch kann, a wou vill verschidde Mammesprooche mélangéiert sinn, ass dat e groussen Domaine de recherche, deen eigentlech keen anert Land eis kann ofhuelen, wou mer also musse selwer eis Weeër a Piste sichen.

Deen drëtte Volet ass dee vun der Elterenaarbecht. Och dorobber hu meng Virriedner insistéiert.

An dee véierte Volet ass deen: Wéi bewäerten ech d'Kanner? Wéi benouten ech? An do ass e Portfolio virgesinn. Och dat ass net onbedéngt Neiland, well et gëtt scho vill Schoulen, déi mat Portfolio schaffen. Mä et ass fir déi bescht Praktiken an dee beschten Usage vun deene Portfolien erauszefannen.

Ech fannen och, dass deen Travail de fin d'études primaires eng interessant Pist ass, well en d'Méiglechkeet gëtt, fir net nëmme sektoriell Kompetenzen ofzefroen, mä fir ze beweisen, wat déi global, déi transversal Kompetenze vun engem Kand sinn.

An ech stelle fest an der Diskussioun, déi mer hei ënner Pedagogen hunn, dass ganz vill Leit de Kanner eigentlech ze wéineg zoutrauen. Hei ass wierklech résolument d'Optioun geholl, Kanner si capabel, all Kand kann eppes, a mir sollen hinnen d'Méiglechkeet ginn, ze weisen, wat se kënnen.

Wichteg un där Schoul ass, dass et e Retour gëtt an d'Formation initiale. Duerch d'Zesummenaarbecht mat der Universitéit Lëtzebuerg an der Recherche, déi si mécht mat den Enseignanten, mat den Educateure vun „Eis Schoul", erwaarde mir eis natierlech, dass déi Erkenntnisser zréckfléissen an d'initial Ausbildung vun de Schoulmeeschteren a vun den Éducateurs gradués, wat fir mech e wichtegt Element ass vun där Recherche.

An dat zweet wichtegt Element, dat ass, dass déi Schoul jo net eng Insel ass fir sech, mä dass se an engem Réseau fonctionnéiert, well mir géife gären déi Schoule vernetzen, d'Schoulen an d'Enseignanten, net nëmmen déi, déi an dëser Schoul sinn, mä déi, déi an anere Schoulen aktiv sinn a sech interesséiere fir nei Initiativen, nei Praktiken, déi entwéckelt ginn.

Dat si fir mech déi zwee wesentlech Elementer, dass et iwwergeet op dee ganze Lëtzebuerger Schoulsystem.

Et war eng Fro gestallt ginn, ob et da méiglech ass, aus dëser Schoul, aus „Eis Schoul" an aner Schoulen iwwerzegoen. Selbstverständlech ass dee Passage ëmmer méiglech, an et ass och net esou, dass, wann ee seng Primärschoul an „Eis Schoul" gemaach huet, dass een da muss an eng Schoul guidéiert ginn, mä all Schoulen am Land stinn engem op, fir engem seng weider Scolaritéit ze maachen.

Déi zweet Fro, déi gestallt ginn ass, dat war déi vun der Evaluatioun vun der Schoul, also net d'Evaluatioun vun de Kanner, mä wien herno d'Appréciatioun mécht, ob déi Praktiken, déi an „Eis Schoul" geschéien, positiv ze bewäerte sinn oder net. Dat ass selbstverständlech net d'Uni Lëtzebuerg selwer, mä do gëtt eng auslännesch Institutioun domadder chargéiert, fir déi Evaluatioun ze maachen.

Ech wëllt och hei soen, dass dee Projet „Eis Schoul" nëmme méiglech ass, well mer éischtens eng Uni hunn, d'Uni Lëtzebuerg, déi e ganze Volet vun Educatioun huet a fir déi d'Educatioun e Schwéierpunkt ass. Et ass méiglech, well et eng Equipe vun engagéierten Enseignantë gëtt, de GLEN, déi eigentlech voller Enthousiasmus un engem Projet geschafft hunn.

An ech denken, dass et d'Aufgab ass vu mir, vun der Regierung, fir Initiativen, positiv Initiativen opzefänken, se an e Gleis ze bréngen a se weiderzedreiwen. Ech gesi jiddefalls dat als eng vun deene wichtegen Aufgabe vum Ministère, ëmmer ënnert dem Motto, ech hätt gär, dass d'öffentlech Schoul esou attraktiv wéi méiglech ass, a fir dass se attraktiv ass, musse mer hir d'Méiglechkeet ginn, verschidde Forme vu Schoulen unzebidden, déi deene verschiddene Profiler vun de Kanner an den Erwaardunge vun de Kanner an deenen hiren Eltere gerecht gëtt.

Dëse Projet ass awer och nëmme méiglech, well mer an der Gemeng Lëtzebuerg e Partner fonnt hunn, dee bereet war an deen eng Schoul disponibel hat, an där dës Schoul konnt hiert Heem fannen.

Wichteg ass et mer och ze soen, dass e Projet, och wann e Pilote heescht, net e Selbstzweck ass, mä fir mech ass déi heite Schoul e Précurseur, e Laboratoire, fir ze weisen, wéi d'Schoul vun der Zukunft ka fonctionnéieren. An déi Prinzipien, déi hei an dëser Schoul applizéiert ginn, déi solle sech erëmfannen an der ganzer Schoul.

Ech kennen d'Schoulgesetz gutt - dat, wat um Instanzewee ass. Et ass scho laang an der Diskussioun, an déi grouss Prinzipien, déi doranner stinn, fanne sech erëm an deem Projet pilote.

Dat ass, éischtens, den differenzéierten Unterrecht. Dat ass, zweetens, dass d'Schoul a Cyclen organiséiert gëtt an net a Joergäng. Dat ass, drëttens, dass et eng Equipe an der Schoul gëtt, déi en Team muss bilden, wou zesumme muss diskutéiert ginn, wou zesumme Concertatioun stattfënnt ronderëm d'Kand. Dat ass, véiertens, d'Partenariat mat den Elteren. Dat ass, fënneftens, d'Équipe multiprofessionnelle, dass also aner Spezialisten - Professere vu Logopédie, Orthophonisten, Heilpädagogen - fir d'Schoulen zur Verfügung stinn, fir eben de Kanner deen Encadrement ze ginn, dee se brauchen, wann dann Déficiencë festgestallt ginn.

An da wëllt ech ee Punkt dobäifügen. Dat ass awer nëmmen e Wonsch. Ech weess net, ob dee Realitéit gëtt. D'Aarbechtskonditioune vun de Schoulmeeschteren an „Eis Schoul" sinn eigentlech esou definéiert, dass se eng Presenz vun 30 Stonnen an der Schoul hunn. Si hunn natierlech méi eng grouss Fräiheet, well se an Equipë schaffen, fir sech d'Kanner opzedeelen, an dat wär natierlech meng Lieblingsvariant fir déi nei Aarbechtskonditioune fir d'Schoulmeeschteren.

Wann also dëse Punkt och nach géif an Erfëllung goen, da wär ech bal e beneidenswäerte Minister, Här Mehlen.

Ech wollt der Chamber, dem Rapporteur, awer och der ganzer Kommissioun Merci soen, well et méiglech war schnell, nodeem den Avis vum Conseil d'État komm ass, dëse Projet hei an de Plenum ze bréngen. Et eilt. Mir si presséiert, well déi Schoul soll de 15. September starten. A wa mir wëllen d'Schoulorganisatioun an dee Wee leeden, da gëtt et elo héich Zäit fir domadder unzefänken. Duerfir sinn ech frou, dass de Projet haut ka gestëmmt ginn. Ech soen och Merci fir déi breet Zoustëmmung.

D'Schoul kennt - well mir hu jo misse virschaffen an annoncéieren, dass déi Schoul de 15. September géif opgoen; an eisem Optimismus hu mer dorunner gegleeft - e groussen Intérêt. Et sinn iwwer 500 Kanner, déi ugemellt sinn, déi en Intérêt manifestéiert hunn, fir sech an déi Schoul anzeschreiwen. Fir mech ass dat och en Zeechen. Et ass e Signal un eis alleguerten, dass et e grousse Besoin gëtt, dass „Eis Schoul" sech de Kanner unhëlt, dass si sech net an ideologeschen Diskussioune verléiert, mä dass mer sollen an der Praxis Léisunge sichen: Wéi bréngen mir et fäerdeg d'Kanner alleguerten ze scolariséieren an hinnen eng Chance ze ginn, op déi héchst Qualifikatioun ze kommen?

Ech wär och frou, wann ech deenen Elteren, deenen hir Kanner net an der Schoul ugeholl ginn, kéint soen, dass si déiselwecht Qualitéit an déiselwecht Viraussetzungen an alle Schoulen hei am Lëtzebuerger Land géife fannen. Domadder géife mer ee grousse Schrëtt maache fir d'Equitéit, fir d'gläich Chancë fir all Kanner hei am Land.

Villmools Merci.

M. le Président.- Merci, Madame Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dëse Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5761 ass ugeholl mat 46 Jo-Stëmmen, bei 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt (par M. Norbert Haupert), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Eugène Berger;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Claude Adam), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Chamber TV

an der Stad
um Kanal S 29 (Coditel) oder
um Kanal S 40 (Eltrona/Siemens)

zu Esch
um Kanal S40 (455.25 MHz)

zu Déifferdeng
um Kanal S 29

zu Diddeleng
um Kanal S 32

an der Gemeng Nidderaanwen
um Kanal S 29

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum zweete Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Moien. Dat ass de Projet de loi 5687. D'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet, den honorabelen Här Kaes.

2. 5687 - Projet de loi portant

1. transposition de la directive 76/207/CEE du Conseil relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre hommes et femmes en ce qui concerne l'accès à l'emploi, à la formation et à la promotion professionnelles, et les conditions de travail telle que modifiée par la directive 2002/73/CE du Parlement européen et du Conseil du 23 septembre 2002;

2. modification du Code du travail;

3. modification de l'alinéa 1 de l'article 2 de la loi du 14 mars 1988 relative au congé d'accueil;

4. modification de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. modification de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. modification de la loi du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées

Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi

M. Ali Kaes *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet huet als Objet déi europäesch Direktiv vum 23. September 2002 ëmzesetzen, déi als Zil huet en anert juristescht Instrument ëmzeänneren an ze erweideren, an zwar d'Direktiv vum 9. Februar '76 iwwert d'Verwierklechung vum Gläichbehandlungsgrondsaz tëschent Männer a Fraen a puncto Zougang zur Beschäftegung, zur Ausbildung an zur berufflecher Promotioun, souwéi och a puncto Aarbechtskonditiounen.

Wann de Prinzip vun der Gläichstellung tëschent Mann a Fra op der Aarbechtsplaz schonn an der Direktiv vu '76 festgeluecht ginn ass, esou war de Sommet vun Amsterdam deen, dee ganz décisif war. Zënter dësem Sommet an dem Traité vun Amsterdam gehéiert de Kampf géint d'Diskriminatioun zu den europäesche Kompetenzen.

D'EU huet sech mam Traité vun Amsterdam déi néideg legal Basis ginn, fir kënne méi effizient géint d'Diskriminatioune virzegoen. D'Diskriminatioune stelle ganz einfach eng Gefor duer fir d'Schafung vun engem Raum vu Fräiheet, Sécherheet a Recht; eent vun den ambitiéisten d'Ziler vun der EU. D'Chancëgläichheet tëschent de Mënsche garantéiert och déi sozial Kohesioun.

D'Direktiv vun 1976 soll un déi rezent Direktiven ugepasst ginn, wéi zum Beispill d'Direktiv vum 29. Juni 2000 an och déi vum 27. November vun deemselwechte Joer. Dës zwou Richtlinne schützen d'EU-Bierger virun Diskriminatiounen opgrond vun ethnescher Ofstamung oder Rass, vun der Relioun oder vun den Iwwerzeegungen opgrond vun engem Handicap, vum Alter oder der sexueller Orientéierung. D'EU huet sech och e generelle Kader ugëeegent, deen d'Gläichheetsbehandlung um Niveau vun der Aarbecht an der Beschäftegung garantéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Direktiv vun 1976 gëtt duerch d'Definitioune vun enger Rei vu Konzepter ergänzt, esou dass eng gewësse Kohärenz besteet tëschent där aler Direktiv an den neien Instrumenter.

Nieft de Konzepter vun direkter an indirekter Diskriminatioun sinn och Notioune vun der sexueller Belästegung an der Belästegung opgrond vum Geschlecht an der Direktiv vun 1976 mat agefloss. Sexuell Belästegunge verstousse géint de Gläichbehandlungsprinzip tëschent Fraen a Männer. Et ass dowéinst wichteg, dass dëst Verhale verbuede gëtt. Dëst setzt awer viraus, dass si am Virfeld kloer definéiert ginn an dass all Text déiselwecht Definitioun erëmgëtt.

Déi modifizéiert Versioun vun der Direktiv preziséiert och d'Konditiounen, ënnert deenen d'Memberstate bestëmmt berufflech Aktivitéiten aus dem Uwendungsgebitt vun der Direktiv vun 1976 kënnen erausheelen. Déi berufflech Aktivitéiten, déi ausgeschloss kënne ginn, solle sech awer just op déi beschränken, wou d'Geschlecht vun enger Persoun eng Roll spillt, zum Beispill wéinst der spezifescher Natur vun der Aktivitéit.

Zwou Konditioune mussen nach gi sinn: d'Zil, wat ee verfollegt, muss legitim sinn, an de Prinzip vun der Proportionalitéit muss och hei ganz kloer respektéiert ginn. Et entsprécht der Jurisprudenz vum europäesche Geriichtshaff, dass de Schutz, deen eng Fra während an no der Schwangerschaft zougesprach oder zougestane kritt, dem Gläichbehandlungsprinzip net widersprécht.

D'Direktiv vun 2002 hieft dëst nach eng Kéier ganz kloer ervir. Si preziséiert, dass eng Fra d'Recht huet op hir Aarbechtsplaz zréckzekommen oder eng analog Plaz ugebueden ze kréien, wa si aus dem Congé de maternité erëmkënnt. D'Memberstate kënne selbstverständlech nach méi favorabel Dispositioune festhalen an zum Beispill e Recht op e Congé de paternité unerkennen.

No der Direktiv vun 2002 sinn d'Memberstate verflicht effikass a proportionéiert Sanktiounen anzeféieren am Fall vun enger sexueller Diskriminatioun. D'Sanktioune sollen d'Leit dovunner ofhalen, e Verhalen un den Dag ze leeën, dat diskriminatoresch ass. D'Memberstate sollen och eng adequat Entschiedegung garantéiere fir de Schued, deen entstanen ass, souwäit et geet guttzemaachen.

D'Leit sollen och iwwer rechtlech Sécherheetsmoossname verfüge kënnen. D'Direktiv vun 2002 huet an deem Kontext, souwéi d'Direktiv och vum 27. November 2000, den A.s.b.l.en an Organisatiounen, wann déi sech fir d'Offer asetzen, d'Recht unerkannt, viru Geriicht eng Klo anzereechen. D'Direktiv gesäit och nach vir, dass all Memberstat een oder méi Organer soll nennen, déi sech ënner anerem mat der Promotioun vum Gläichbehandlungsprinzip solle beschäftegen.

D'Transpositioun vun der Direktiv vun 2002 ass aus zwee Grënn ganz dringend: éischtens, mir si schonn ufanks März vun dësem Joer vum europäesche Geriichtshaff wéinst Net-Transpositioun vun der Direktiv veruerteelt ginn; an zweetens ass et wichteg déi legislativ Lück ze fëllen, déi et zënter der Aféierung vum Code du travail op deem Gebitt vun der Gläichbehandlung gëtt.

D'Gesetz vun 1981, wat d'Direktiv vun 1976 ëmgesat huet, ass duerch d'Gesetz vum 31. Juli 2006, dat de Code du travail agefouert huet, abrogéiert ginn. Net all Dispositioune vum Gesetz vun 1981 fanne sech am Code du travail erëm. Duerch d'Ofschafe vum Gesetz vun 1981 huet sech den Uwendungsberäich vun der Direktiv vun 1976 ex post verklengert. Déi Leit, déi am öffentleche Secteur schaffen, wéi och d'Travailleurs indépendants sinn zënterhier vill méi schlecht geschützt. Or, d'Direktiv applizéiert sech och op dës zwou Kategorië vun Aarbechter.

Et war also onëmgänglech, d'Travailleurs indépendants an den Uwendungsberäich vun den Dispositiounen iwwert d'Gläichbehandlung nees ze integréieren. Et ass décidéiert ginn, d'Gesetz an zwee Deeler ze splécken, wou dat eent e Kadergesetz gëtt, dat a sech all d'Fräiberuffer viséiert.

Den éischten Deel vum Gesetz schaaft de generelle Kader, deen d'Diskriminatioun tëschent Fra a Mann verbitt, während deen zweeten Deel sech exklusiv op d'Aspekter vun der Aarbecht an der Beschäftegung bezitt. Dësen zweeten Deel enthält just Dispositiounen, déi déi bestehend legislativ Instrumenter ëmännert. Ech kommen nach op dësen Aspekt ze schwätzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Statsrot huet e kriteschen Avis zum Gesetzesprojet ofginn. Ech wéilt kuerz op déi zwou formell Oppositiounen hei vum Statsrot agoen.

Déi éischt Opposition formelle bezitt sech op den Uwendungsberäich vun der Direktiv. De Statsrot vertrëtt d'Meenung, datt all Persoun, déi am Kader vun der Direktiv viséiert ass, sech och um Niveau vum Gesetzestext erëmfanne soll. Hie besteet drop, datt d'Gemengebeamte wéi och d'Fräiberuffler am Uwendungsberäich vum Text integréiert solle ginn. Den initialen Text huet dës zwou Kategorië vu Leit ausgeschloss.

Déi zweet formell Oppositioun vum Statsrot bezitt sech op d'Aart a Weis, wéi d'Statsbeamten an de Champ d'application vum Gesetzesprojet abezu gi sinn. Nom initialen Text sollten d'Dispositiounen iwwert de Gläichbehandlungsprinzip tëschent Fraen a Männer, déi am Code du travail agegliddert sinn, sech och op d'Statsbeamten applizéieren.

De Statsrot war der Meenung, datt d'Referenz op d'Dispositioune vum Code du travail um Niveau vum éischten Artikel vum Statut vun de Statsbeamten, esou wéi den initialen Text dat gesinn huet, Inkohärenze mat sech brénge géif, an huet drop gehalen, datt dës ëmgeännert solle ginn.

Den Aarbechtsminister huet sech mat deenen anere Ministeren a Verbindung gesat, déi och hei an deem Kontext betraff sinn. Den Innenminister an de Minister vun der Fonction publique hu Modifikatiounen an hire Basistexter ausgeschafft, déi iwwert de Wee vun Amendementer am Gesetzestext integréiert sollte ginn. De Minister vum Mëttelstand huet proposéiert, iwwert de Wee vun Amendementer ze preziséieren, datt d'Fräiberuffler ënnert d'Dispositioune vum Code du travail falen, vu datt et kee Basistext fir si gëtt, deen een ofännere kéint.

D'Aarbechtskommissioun huet de 16. Oktober 2006 eng éischt Serie vun Amendementer ugeholl mam Zil, de kritesche Bemierkunge vum Statsrot Rechnung ze droen a virun allem d'Textpropositioune vun de jeeweilege Ministeren an de Gesetzestext ze integréieren.

A sengem Avis complémentaire vum 11. Dezember 2007 huet de Statsrot nach eng Opposition formelle formuléiert. De Statsrot huet d'Referenz am Code du travail op d'Fräiberuffler als net ubruecht kritiséiert.

D'Aarbechtskommissioun huet sech dorophin entscheet, am Kader vum virleiende Gesetzesprojet déi technesch Approche unzewennen, déi se schonn am Kader vun der Transpositioun vun den zwou Direktive vun 2000 benotzt huet an déi dora besteet, a sech den Dispositif an zwee Deeler ze splécken, en éischte méi generellen Deel an en zweete méi spezifeschen Deel.

Den éischten Deel stellt esou en autonoomt Gesetz duer, ënnert dat dann d'Travailleurs indépendants falen, während den zweeten Deel déi bestehend legislativ Dispositioune ganz einfach ëmännert.

A sengem zweeten Avis complémentaire gëtt sech de Statsrot mat dem Réagencement vum Gesetzestext zefridden, och wann en awer d'Unzuel vu verschiddenen Texter um Niveau vun der Ëmsetzung vum Gläichbehandlungsprinzip bedauert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat a sech dës Kritik ugeet, ass awer ze bemierken, datt am Ufank, wéi déi éischt Direktive mam Objet Gläichbehandlung ëmgesat gi sinn, sech de Statsrot enger unitärer Démarche opposéiert huet, sou datt d'Situatioun, an där mer eis haut befannen, zum Deel och op d'Haltung vum Statsrot zréckzeféieren ass.

D'Aarbechtskommissioun huet eng zweet Serie vun Amendementer dunn ugeholl. Dës Amendementer bezéie sech op d'Exceptiounen vum Prinzip Gläichbehandlung, Diskriminatiounen op Basis vum Alter a vun engem Handicap sinn erlaabt um Niveau vun de Pensioune respektiv um Niveau vun de Versécherungskontrakter. Mat dëser neier Approche maache mir d'Approche vum Législateur vun 2006 zum Deel réckgängeg.

Ech erënneren, datt am Kader vun der Ëmsetzung vun den Direktive vun 2000 d'Méiglechkeet, eng Ausnahm zum Gläichbehandlungsprinzip um Niveau vun de Pensiounen a vun de Versécherungskontrakter ze maachen, u sech guer net virgesi war.

De Statsrot huet sech par rapport zu dëser Approche reservéiert geäussert. Fir de Statsrot kann esou eng Derogatioun nëmme spillen, wann eng objektiv a räsonnabel Justifikatioun virläit. D'Aarbechtskommissioun huet hiert Amendement bäibehalen, mä den Text esou ëmgeännert, fir dass dësen der Meenung vum Statsrot Rechnung dréit.

Här President, erlaabt mir kuerz op déi verschidden Dispositioune vum Gesetzestext anzegoen.

Déi éischt siwen Artikele bezéie sech op déi eigentlech generell Ëmsetzung vun der Direktiv. Et sinn dëst Dispositiounen, déi sech och op d'Fräiberuffler applizéieren. Si stellen en autonome legalen Dispositif duer - de generelle Kader fir de Gläichbehandlungsprinzip u sech tëschent Männer a Fraen.

D'Artikelen 8 bis 12 änneren déi bestehend Dispositiounen ëm. An dësem Kontext kann een nach soen, dass den Artikel 10 de generelle Statsbeamtestatut vum 16. Abrëll 1979 an den Artikel 11 d'Gesetz vum 24. Dezember 1985 iwwert de Statut vun de Gemengebeamten ëmännert. Wat den Artikel 12 ugeet, sou ännert deen d'Gesetz vum 28. November 2006 ëm, andeems en déi zwou Derogatiounen zum Gläichbehandlungsprinzip festleet.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam virleiende Gesetzestext komme mir dem ambitiéisen Zil an enger Gesellschaft ze liewen, wou jiddferee gläich behandelt gëtt, ëmmer méi no.

Ech géif lech dofir am Numm vun der Aarbechtskommissioun bieden, de virleienden Text ze stëmmen, a ginn iwwregens och den Accord an deem Sënn vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, et ass lech opgefall, dass e klengen Iertum virkomm ass, dass ech ee Projet virgezunn hunn. Ech entschëllege mech beim Här Minister, deen en toute vitesse heihinner komm ass.

D'Fro ass awer elo - well och d'Disponibilitéit vun de Ministeren net déi ass, déi eng Inversioun vun de Projeten erlaabt -: Solle mir elo vläicht zréckkommen op deen anere Projet, an da maache mir d'Diskussioun vun dësem, wa mir deen éischten evakuéiert hunn? Oder solle mir der Rei no fueren? Wéi ass d'Disponibilitéit vun der Regierung?

M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Ech hat mech eigentlech agestallt fir méi spéit.

M. le Président.- Jo, fir lech ass jo elo kee Problem, Dir sidd jo elo hei. Et ass éischter de Problem beim Här Wiseler.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech géif préféréieren, dass mir deen Text, vun deem ech mengen, dass e relativ kuerz ass, géife virmaachen, sou wéi den Ordre du jour et initialement virgesinn huet.

M. le Président.- Wann Dir vläicht Äre Mikro géift umaachen, wann ech gelift.

M. Claude Wiseler, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Ech géif virzéien, dass mir deen aneren Text, esou wéi et initialement virgesi war, géife virhuelen. Dat géif mech ganz staark arrangéieren, well nach eng Rei Terminer ustinn.

M. le Président.- Très bien, da maache mir dat esou. Nach eng Kéier, entschëllegt! An dann huet d'Wuert elo fir de Projet de loi 5795 den honorabelen Här Paul-Henri Meyers. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.